

D'Handbuch fir Sprooche- Ressourcen- Centren

Richtlinne fir den Opbau, d'Gestioun an den Ausbau
vu Sprooche-Ressourcen-Centren (SRCen)



Improving support for language learning through
Language Resource Centres



improving support for language learning through
Language Resource Centres

D'Handbuch fir Sprooche-Ressourcen-Centren

**Richtlinie fir den Opbau, d'Gestioun an den Ausbau
vu Sprooche-Ressourcen-Centren (SRCen)**

**verfaasst an erausgi
vun den
SRC Projets-Partner**



gouf mat der Ënnerstëtzung vun der Europäescher Unioun am Kader vum Sokrates-
Programm duerchgefouert.

Engleschen Originaltitel: *The Language Resource Centre handbook: guidelines for setting up, running and expanding Language Resource Centres (LRCs)*

Handbuch fir Sprooche-Ressourcen-Centren – Richtlinne fir den Opbau, d'Gestioun an den Ausbau vu Sprooche-Ressourcen-Centren (SRCen)

Aus dem Engleschen iwwersat vum CLL: Centre de Langues, Luxembourg

Éischt Englesch Ausgab 2003:

Kastaniotis Editions SA
11, Zalogou Str., 10678 Athen, Griicheland
Tel.: +30 210 3301208 Fax: +30 210 3822530
e-mail: info@kastaniotis.com
website: www.kastaniotis.com

Copyright © SRC Projets-Partner 2003

Keen Deel vun dëser Verëffentlechung däerf ouni folgend Quellenangab an iergendenger Form (elektronesch, mechanesch, duerch Fotokopie, Opzeechnung oder aner Mëttel) reproduzéiert, ënner Verwennung vun elektronesche Systemer gespäichert oder verbreet ginn:

TC-projectpartners, *TalenCentrum Handboek: richtlijnen voor het opzetten, beheren en uitbreiden van TalenCentra (TC)* (Athene: Kastaniotis Editions, 2003)

Inhaltsverzeichnis

ALLGEMENG AFÉIERUNG	7
GLOSSAIRE AN OFKIERZUNGSVERZEECHNIS	10
GESTIOUN	11
OPTRAG AN INSTITUTIONELL ASPEKTER	11
Optrag	11
Praktescht Beispill: Centre de Recursos de Llengües Estrangeres (CRLE) Barcelona	
<i>D'Aufgab vum CRLE</i>	11
Praktescht Beispill: Institut fir Sproochen an Expertenausbildung vun der Karlsuniversitéit Prag	
<i>Firwat mir eisen SRC opgebaut hunn, seng Roll an d'Méthodologie, op där en opgebaut ass</i>	12
Entscheidungen huelen, Zoustännegkeeten a Verbindungen	13
Planung	13
Budget a Finanzen	13
Praktescht Beispill: Center fir Formatioun an Innovatioun an der Erzéiung (CFIE), Guardo	
<i>Wéi mir de Joresplang (am Kader vum Budget) opstellen, op der Basis vun engem System mat</i>	
<i>Besoinsanalys, an deem d'Personal an d'Benotzer mat implizéiert sinn</i>	14
Promotioun, Reklamm, Identitéit a Marketing	14
Praktescht Beispill: Éisterräichesche Sprooche-Kompetenz-Center, ÖspK, Graz	
<i>Wéi schaaft een eng Identitéit vun engem SRC ouni professionell Hëllef an ouni vill Suen</i>	15
PERSONALPOLITIK	16
Wie braucht Dir?	16
Astellungspolitik	16
Coordinatioun a Responsabilitéiten	16
Berufflech Weiderentwécklung	16
Personalverriedung an Ënnerstétzung	16
Praktescht Beispill: APIGA, d'Associatioun vun de gallizeschen Engleschenseignantinnen, Spuenien	
<i>Volontären: Studenten an engem Stage am APIGA Sprooche-Ressourcen-Center</i>	16
FEEDBACK AN EVALUATIOUN	17
URHEBERRECHTER/COPYRIGHT	18
GESONDHEET A SÉCHERHEET, AARBECHTSËMFELD	18
Assurancen/Zoustännegkeet	18
PRAKTESCH FROEN	18
INTERESSANT ADRESSEN	19
BENOTZER	20
ZILGRUPPEN	20
Schüler	20
Enseignantinnen	20
Déi, déi d'Décisiounen an der Sproochenausbildung huelen an hir Multiplicateurinnen	20
Institutiounen, Entreprises an aner Individuen	21
Praktescht Beispill: Den Zentrum fir Informatiounen iwwert Sprooche léieren a Recherche, London	
<i>Mir si fir eng breet Palett vu Benotzer do</i>	21

ACCÈS A KOMMUNIKATIOUN	21
Benotzer, déi speziell Besoinen hunn	22
Praktescht Beispill: Institute for Language and Speech Processing, Athen	
<i>Déi verschidde Manéiere wéi den ILSP mat senge Benotzer kommunizéiert</i>	22
NEI BENOTZER USPRIECHEN	23
Praktescht Beispill: European Centre for Education and Training (ECET), Sofia	
<i>"Happy Puppy" a "Linguapeace": den Opbau vun SRC-Netzwerker fir speziell Gruppen (jonk Studenten a Friddenswiechter)</i>	23
INTERESSANT ADRESSEN	24
SERVICER A RESSOURCEN	25
SERVICER	25
Pädagogesch Ënnerstëtzung	25
Informatiounsservice	25
Aner Servicer	26
Technesch Servicer	26
Praktescht Beispill: National Board of Education, Finnland	
<i>Wéi kënne mer de gemeinsamen europäesche Kader (CEF) fir d'Sproocheléieren an de Sproochunterrecht un den nationale Léierplang (NBE-FI) adaptéieren?</i>	26
Praktescht Beispill: Centre for Innovation and Training (CINOP), Holland	
<i>De Gebrauch vum hollännesche Sproocheprotfolio fir d'Berufsausbildung an den SRCentere vun den hollännesche Berufsschoulen</i>	27
Praktescht Beispill: CDI Univerzum, Center for Distance Education, Ljubljana	
<i>Innovativ Praktiken: Ännerungen aféiere fir eng Approche zu der mëndlecher Kompetenz an zu der Lieskompetenz, déi op de Student ausgeriicht ass, am Sprooche-Ressourcen-Center ze förderen</i>	28
RESSOURCEN	29
Format	29
Inhalt	29
Praktescht Beispill : Centre de Recursos de Llengües Estrangeres (CRLE), Barcelona	
<i>Ubidde vu Ressourcen a verschidde Formater a wéi d'Enseignante se gebrauchen</i>	29
Praktescht Beispill: Language Centre of the University of Iceland, Reykjavik	
<i>Créatioun vun Internetsäiten duerch d'Publizéiere vun de Studenten hiren Aarbechten</i>	30
Akafspolitik	31
Katalogiséieren	32
Praktescht Beispill : European Centre for Modern Languages (ECML) of the Council of Europe, Graz, Éisterräich	
<i>Schrëtt a Richtung vun engem neie Bibliothéiksmanagement-System fir den Dokumentatiouns- a Ressourcencenter vum ECML mat der Méiglechkeet, en online Katalog ze féieren</i>	32
Praktescht Beispill : CILT, Centre for Information on Language Teaching and Research, London	
<i>De CILT Katalog online installéieren</i>	33
Présentatioun vun de Ressourcen	34
Praktescht Beispill : Centre de Langues Luxembourg, Lëtzebuerg	
<i>Ressourcen a verschiddene Sprooche verwalten : Organisatioun a Présentatioun vu Material an aacht Sproochen an engem Ressourcencenter mat fräiem Zougang</i>	34
VERBREEDUNG A PROMOTIOUN VU SPROOCHELÉIEREN A MULTIKULTURELLEM BEWOSSTSIINN	35
Praktescht Beispill : University of Malta Language Center, Malta	
<i>Promotioun vu multikulturellem Bewosstsiinn duerch Sproocheléieren</i>	35
Praktescht Beispill : In-service Teacher Training Centre for Methodology and Information (PTMIK), Vescprem, Ungarn	
<i>E gréissert kulturellt Bewosstsi schafen duerch interkulturell orientéiert Événementer am Sprooche-Ressourcen-Center</i>	35

NEI SERVICER UBIDDEN	37
INTERESSANT ADRESSEN	37
ARIICHTUNG	39
RÄIMLECHKEETEN	39
Geographesch Lag/Plazandeelung	39
Praktescht Beispill: CLL, Lëtzebuerg	
<i>Vun enger Bibliothék zu engem Self-Access Center : aus enger traditioneller Schoulbibliothék e</i>	
<i>moderne multimediale Sproocheléiercenter maachen</i>	40
MIWWEL AN ÉQUIPEMENTER	41
Miwwel	41
Équipementer	42
Panneauen an Affichage	42
ACCÈS AN ATMOSPHÄR	43
Accessibilitéit	43
Atmosphär	43
Weider Aariichtunge fir d'Benotzer	43
PROMOTIOUN AN AUSBAU VUN DE RAIMLECHKEETEN	43
INTERESSANT ADRESSEN	43
BIBLIOGRAPHIE	44
MATAARBECHTER	46

Allgemeng Aféierung

Den SRC-Projet

Am Joer 2001 hu 16 Organisatiounen aus 13 Länner an den Europäeschen Center fir Modern Sprooche vum Europarat ugefaang an engem europäesche Projet¹ zesammenzeschaffe mam Zil *d'Hëllef beim Sprooche léieren ze verbesseren duerch Sprooche-Ressourcen-Centren (SRCen)*. D'Iddi hannert dem Projet ass et, den Niveau vum beruffleche Wëssen an den Dialog ënnert de Verantwortleche fir SRCen ze hiewen duerch d'Deele vu Fachwëssen an Erfahrung aus verschidde geographeschen, sproochlechen, kulturellen an erzéiereschen Hannergrënn.

An deene leschte Joren ass an der Ëffentlechkeet an an der Politik d'Bewosstsënn méi grouss ginn, datt et gutt ass eng Friemsprooch ze léieren; genau sou ass ëmmer méi de Besoin erkannt ginn, verschidde Léierstiler ze ënnerstëtzen an d'Autonomie beim Sprooche léieren z'encouragéieren. Dës zwee Faktoren hunn zum Opbau vu villen neie Sprooche-Ressourcen-Centren an alle Beräicher vun Erziéung an Ausbildung gefouert, an och zum Ausbau vu villen Centren, déi scho bestinn.

Haut fanne mer SRCen op ville verschidde Plazen:

- Vun de Schoule bis zu den Universitëiten
- Op regionalem, nationalem an internationalem Plang fir dem Léierpersonal an de Forscheren ze hëllefen
- A Firmaen an a private Sproocheschoulen
- Am Ausbildungs- an Erziéungsberäich
- An esouguer ‚virtuell‘, online um Internet.

All d'Partner vum SRC – Projet hunn op d'mannst eppes gemeinsam – si sinn all verantwortlech fir d'Gestioun oder d'Ënnerstëtzung vun iergend enger Aart SRC. Déi am Projet vertrueden SRCe hunn eng grouss Bandbreet vun 'Optreeg' a si këmmere sech ëm verschidde Benotzer, jee nodeem a wéi engem Kontext si schaffen:

- D'SRCe vun deenen enge Partner wenne sech nëmmen u Leit, déi léieren;
- Anerer nëmmen u Léierpersounen, Ausbilder, Fuerscher, politesch Entscheidungsträger an aner 'Multiplikaateuren';
- Verschidde SRCe bedéngen de ganzen Erziéungssecteur an hirer Regioun oder hirem Land (a förderen esou d'Innovation, bidden Hëllef, Quellen an Ausbildungsméiglechkeeten);
- Nach aner SRCe wenne sech un all dës Benotzergruppen.. a nach méi.

Ma trotz eisen Differenzen - oder grad dowéinst - ware mir iwwerzeegt, datt mer ganz vill ee vun deem aneren a vun eise mënschliche Fachwëssen an eise Kompetenze léiere kënnen.

¹ Den SRC Projet gouf ënnerstëtzt vum EU SOCRATES Programm (Lingua 1 Aktioun) 2001-2003

SRCEn si bekannt ënner ville verschiddenen Nimm, jee no hirem geographeschen, sproochlechen an organisatoresche Kontext, an deem se ze fanne sinn. Dofir hu mer décidéiert esou ëmfaassend wéi méiglech virzegoen an de Begrëff SRC esou breet wéi méiglech an dëser Publikatioun ze behandelen. Deemno versti mer ënner SRC, an deene verschiddenen Institutiounen, folgend Arichtungen: Sproochencenter, Center mat fräiem Zougang, fräi zougänglech Bibliothék; onofhängege Studiocenter; Ressourcencenter; Proffebibliothék; Sproochebibliothék (...)

Fir eis Definitioun ass et entscheidend, datt e Sprooche-Ressourcen-Center (SRC) **Service** (inklusive Ressourcen) a **Benotzerméiglechkeeten als Hëllef** um Wee zu engem spezifischen Zil oder engem 'Optrag' am Zesammenhank mat Sprooche léieren, Ënnerriichten, ugewandter Linguistik oder der Fuerschung op iergendengem vun dëse Gebitter offréiert.

Den Center kann en Eck vum engem Zëmmer oder e ganz Gebai sinn. D'Offer kann e puer Kassettereorderen an Zeitungen oder alles, wat an der Rubrik 'Service' vun dësem Dokument steet, ëmfaassen. D'Benotzer si vläicht e puer Studente fir e puer Stonnen an der Woch, oder awer dausende Benotzer aus verschiddene Beräicher a mat ënnerschiddleche Besoinen, awer am Kader vun dëser Publikatioun ass déi Arichtung, déi dëse Service ubitt, e Sprooche-Ressourcen-Center, oder kuerz, en 'SRC'.

D'Sprooche-Ressourcen-Centren Handbuch

Am Ufank vum SRC-Projet hu mer verschidden Informationsaustauschübungen duerchgezu fir de Partner hir Stärkten an Expertiseberäicher erauszefannen. Mir hunn eis drop gëeent Iddien, Rotschléi a positiv Beispiller aus der Praxis – an natierlech och dat, wat mer aus vergaangene Feeler geléiert hunn, - auszprobéieren an ,anzefänken' an enger Publikatioun, déi mer mat aneren iwwert dat ursprénglech Netzwierk vun de Projetspartner eraus deele wëllen. D'Resultat ass dës Publikatioun: *D'Sprooche-Ressourcen-Centren Handbuch: Richtlinie fir den Opbau, d'Gestioun an den Ausbau vu Sprooche-Ressourcen-Centren (SRCEn)*.

Mir hunn eis engagéiert d'Sprooche-Ressourcen-Centren Handbuch esou praktesch an 'terre-à-terre' wéi méiglech ze gestalten, esou, wéi ee Partner sot, 'wéi wann ee mat engem Kolleg schwätzt'. Mir hunn och beschloss kuerz praktesch Beispiller aus eiser Erfahrung an eisen eegenen SRCEn opzehuele fir Ofschnëtter mat Beispiller aus der wirklecher Praxis aus enger Rei vun Institutiounen z'illustréieren.

Eist Zil war et eppes Nätzlechtes ze produzéieren fir jiddereen, dee mam Opbau, der Gestioun an der Erweiterung vun engem SRC ze dinn huet. Eise potentielle Lieserkrees ass ganz grouss. Z.B. hoffe mer, datt d'SRC-Handbuch eng Hëllef kënn duerstelle fir en Enseignant, dee plangt e klengen SRC an engem Lycée opzebauen, an awer och fir d'Personal vun engem groussen, gutt rodéierten Center, dat iwwert seng praktesch Aarbecht nodenke wëllt oder nei Iddie sicht, fir seng Aarbechtmethoden ze verbessern.

Net all Beräicher vum SRC-Handbuch wäerte wichteg fir all SRCE sinn, a mir menge mat Sécherheet net, datt et nëmme eng Aart a Weis gëtt, en SRC ze féieren. Dofir hu mer décidéiert d'Hauptchecklëscht an all Kapitel als eng Rëtsch vu Froen ze formuléieren sou datt all Lieser iwwer d'Froen nodenken an entscheede kann, ob se wichteg oder nätzlech fir säin SRC sinn. Et kann hëllefbräich si sech beim Asaz vum Sprooche-Ressourcen-Centren Handbuch virstellen, datt vrun all Fro den Zousaz steet 'wann et zoutreff, (...)'.
(...)

D'Sprooche-Ressourcen-Centren Handbuch ass och mam Hannergedanken entworf ginn d'professionellt Weiderkommen ze fördern. Et kënnen Fotokopien dervu gemaach ginn, wann d'Quell ugi gëtt, a mir hoffen, datt et sech vum Format an der Opmaachung hier derzou eegent, an Ateliersen a Formatiounen agesat ze ginn. An all Ofschnëtt, an och an den Checklëschten an an de praktesche Beispiller, hu mer e puer praktesch Rotschléi, déi vun eise Partner kommen, mat verschafft an och e puer nätzlech Adressen, déi et eise Lieser erlaben am Internet nach méi iwwert e bestëmmten Thema erauszefannen.

An deene leschten 20 Joer hu vill eenzel Persounen an Institutiounen zur Entwécklung vun der Konscht, en SRC mat Erfolleg ze féieren, bäigedroen. Mir sinn all deenen zu Dank verpflichtet, déi an der Vergaangenheet Publikatiounen, Ateliersen a Konferenzen iwwer d'Sprooche-Ressourcen-Centren (oder fräi zougängelech Centren) realiséiert hunn a mir hoffen, datt 'D'Sproochen-Ressourcen-Centren Handbuch' zum Dialog tëschent de Praktiker bäidrëit. Aussergewöhnlech nätzlech bei der Virbereedung vun dëser Publikatioun waren d'Wierker vum Edith Esch, David Ingram, Judy McCall, Nicole Poteaux, Philip Riley, Sue Sheerin, d'Europäesch Confédératioun vun de Sproochen-Centren an den Héichschoulen (CER-CLES) an de CIEL-Projet.²

D'Sprooche-Ressourcen-Centren-Handbuch gëtt et op deene 16 Sproochen³ vun de verschiddene Regiounen a Länner, wou d'Partner vum Projet schaffen: Bulgaresch, Däitsch, Englesch, Finnesch, Franséisch, Galizesch, Griichesch, Hollännesch, Islännesch, Katalanesch, Lëtzebuergesch, Maltesesch, Slowenesch, Spuenesch, Tschechesch an Ungaresch.⁴

Mir hoffen, datt Dir dës Publikatioun nätzlech fannt, a wiere frou Är Réckmeldungen a Suggestiounen ze kréien (un: feedback@lrcnet.org). Mir hoffen och, datt Dir motivéiert sidd d'Internetsäit www.lrcnet.org ze besichen, déi op d'mannst bis 2005 bestoe bleift. Iwwert dës Site kënnt Dir un Diskussiounen zu Sujeten am Zesammenhank mat den SRCen deelhuelen, sämtlech Sproocheversiounen vum *Sprooche-Ressourcen-Centren Handbuch* eroflueden an op weider Ressourcen, Informatiounen an Hëllef ze réckgräifen.

Philippa Wright

Coordinatrice vum SRC-Projet

Am Numm vun alle Projetspartner, déi am Ofschnëtt 'Mataarbechter' opgezielt sinn

² Komplett Literaturangabe stinn um Schluss vun dëser Publikatioun

³ Disponibel fir auszedrécken oder erofzelueden vum SRCnet Portal: www.lrcnet.org

⁴ Den SRC-Projet wier frou fir Iwwersetzungsverschléi vun de *Richtlinnen* an aner Sproochen (aus Europa an doriwwer eraus)

Glossaire an Ofkierzungsverzeechnis

CEF	Common European Framework of Refence for Languages: Learning, Teaching, Assessment (Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen: léieren, enseignéieren, bewäerten)
ECML	Centre for Modern Languages of the Council of Europe (Europäesche Friemsproochencenter vum Europarot)
ELP	European Language Portfolio (Europäesche Sproocheportfolio)
EU	Europäesch Unioun
ISBN	International Standard Book Number
LRC	Language Resource Center (Sprooche-Ressourcen-Center; SRC)
MARC	Machine Readable Catalogue
Multiplikauteur	Persoun, déi opgrond vun hirer Fonctioun Informatiounen un anerer weidergëtt
OPAC	Online Public Access Catalogue (Online an öffentlech zougängleche Katalog)
SRC	Sprooche-Ressourcen-Center
Speziell Besoinen	E Problem oder eng Behënnerung beim Léieren, déi eng besonnesch Ariichtung verlaangt, déi normalerweis net gebraucht gëtt
Standardsbestëmmung	Eng Rei vun Uweisungen déi musse respektéiert ginn, wann een d'Leeschtungen vun de Studenten op eng zouverléisseg Aart a Weis moosse wëllt

G E S T I O U N

D'Existenzberechtigung vun engem SRC besteet dodran, op d'Besoinen vun enger spezifescher Grupp oder vu Gruppe vu Benotzer anzegoen. Wien dës Benotzer sinn a wéi eng Servicer si ugebuede kréien, sollt, am Idealfall, op enger seriöser Analys vun de Bedierfnisser baséieren a kloer an der 'Optragsbeschreibung' (Cahier des Charges) definéiert sinn. Wéi e Personal, wéi eng Ressourcen an Arichtungen néideg sinn, sollt, am Idealfall, doduerch bestëmmt ginn, wat gebraucht gëtt, fir déi Servicer mat Erfolleg ze liwweren, déi ausgehandelt goufen.

Dofir setzen SRCen oft aner Kombinatioune vu Personal, Arichtungen an Servicer a wéi déi, déi an traditionelle Sproochdepartementer oder aneren Instituter virfonnt ginn. Dës nei Kombinatioune stellen héich Uspréich un d'Fäegkeeten a punkto Gestioun. Berodung, Entscheidungsprozesser, Plangen an Zoustännegkeete kënnen méi komplex wéi an anere Bildungsstrukture sinn.

Allerdéngs sin déi meescht SRC-Chefen (Direkteren, Koordinateuren ...) an der beneidenswerter Lag an enger ureegender multikultureller Atmosphär ze schaffen, wou si op d'Expertise an den Asaz vun engem professionellen Team mat ville verschiddene Kompetenzen ziele kënnen. Wéi ëmmer bei der Teamaarbecht kënnen gutt Zesummeschaffen, Koordinatioun, Kommunikatioun an eng efficace Gestioun vill derzou bäidroen, eng erfollegräich Realisatioun vun de Servicer an e reibungslosen Oflaf am SRC ze sécheren.

Optrag an institutionell Aspekter

Optrag

- Firwat gëtt et Ären SRC – d.h. wat ass säin Zweck, seng Roll, seng Instruktiounen?
- Op wéi enger Ausbildungsphilosophie a –methode baséiert d'Aarbecht vun Ärem SRC?
- Sidd Dir lech am Kloeren iwwert Är Benotzer/Benotzergruppen?
- Ass Ären SRC opgeriicht ginn a stinn d'Pläng fir seng Entwécklung a säin Ausbau op der Basis vun enger grëndlecher Analys vun de Besoinen?
- Hutt Dir eng kloer 'Optragsbeschreibung' fir Ären SRC an ass se dem Personal an de Benotzer bekannt a bewosst?

Praktescht Beispill

Centre de Recursos de Llengües Estrangeres (CRLE), Barcelona

D'Aufgab vum CRLE

Eise Ressourcencentrum fir Friemsproochen (CRLE) as gegrënnt ginn als Ausbildungsservice am Kader vum Katalaneschen Erziehungsministerium mam Optrag d'Friemsprooche léieren an enseignéieren ze verbesseren.

Dem CRLE goufe folgend Verantwortungen iwwerdro:

- Nei Usätz am Friemsproochenunterricht

an nei Ausbildungsmëttel an Technologien auszeprobéieren an ze verbreedden;

- Nei Léiermaterialien fir de Primär an de Secondaire ze entwerfen;
- En Dokumentatiounscentrum fir den Enseignement and d'Léiere vu Friemsproochen ze schafen;
- Informatiounen iwwer gutt Praktiken an deem Beräich ze verbreedden;

Praktescht Beispill

- Pädagogesch Formatiounscentren mat gëeegnetem Material auszerëschten;
- Zentral géréiert an certifizéiert Exame fir d'Escoles Officiels d'Idiomes (Staatlech Sproocheschoulen) ze entwéckelen.

Fir dësen Optrag ze erfëllen goufe verschidde kuerz- a laangfristeg Projeten entworfen, getest, finanzéiert an ëmgesat. Wa se sech derzou gëeegent hunn, hu gutt Resultater an der Bewertungsphas vu Pilotprojeten zur Verallgemengerung vun den Aktivitéiten an der Politik gefouert.

D'Projeten hu während hirer Lafzäit am CRLE geännert an deem Sënn, datt se mat der Zäit gaang sinn an de Besoinen ugepasst goufen. An den 80er Jore louch d'Haaptgewicht

op der Aféierung vun audio-visuelle Ressourcen an de Klassen, der Organisatioun vun Austauschprogrammer tëschent Schoulen a Summer-Intensiv-Coursë fir Schüler. Méi rezent hu mer eis op Projete konzentréiert wéi d'Integratioun vun der ICT, eng fréi Aféierung vu Friemsproochen, d'Fërderung vun autonomem Léieren an de Schoulen oder „Content and Language Integrated Learning (CLIL).“

D'Bedierfnis Friemsproocheprogrammer ze bewäerten huet eis derzou gefouert u grouss ugeluegten nationalen an internationalen Étuden iwwert d'Effizienz vum Englesch léieren op deene verschiddenen Niveauen an eisem Land deelzehuelen.

Praktescht Beispill

Institut fir Sproochen an Expertenausbildung vun der Karlsuniversitéit, Prag

Firwat mir eise SRC opgebaut hunn, seng Roll an d'Méthodologie, op där en opgebaut ass

Et gëtt zwou Haaptursachen, déi eis derzou beweegt hunn, en Deel vum Unterrecht a vum Léieren an den SRC ze verleeën.

Déi éischt kënnt vun de Studente selwer, déi vun de Changementer an eisen héichttechniséierte Gesellschafte beaflosst ginn a struewele mussen, fir hir Plaz ënnert dem Konkurrenzdruck vun engem globalen Aarbechtsmaart ze fannen. Déi meescht vun eise Studente si jonk Erwuessener, déi mat spezifischen Zieler vrun Aen an d'Coursë kommen. Si wëllen ausserhalb vum Klassenzëmmer studéieren, mä si brauchen eng Uleedung. Fir dës 'Clienten' zefridden ze stelle mussen mir eng méi individualiséiert Approche ubidden. Inspiréiert vun den Iddie vun e puer rezent Léierbuchautoren hu mer ugefaang

- de Studente méi Méiglechkeeten ze gi fir ze wielen, wat si an den normale Course maache wollten;
- se ze encouragéieren hir eege Materialien ze erschaffen;
- hinne méi Zäit fir Consultatiounsstonnen ze ginn.

An der Tëschenzäit, an engem Versuch de Léierprozess fir jidderee méi effizient ze gestalten, hu mer dru geschafft fir d'Motivatioun vu manner éiergäizege Studenten ze erhéijen an d'Léierpersounen z'ënnerstëtzen an hirer schwierigerer Aufgab, méi Gruppen ze géréieren, déi gläichzäiteg u verschiddenen Aufgabe geschafft hunn.

Déi zweet geet zréck op déi nei Theorien an der Méthodologie vum Friemsproochenunterrecht a Friemsprooche léieren. Mir hunn 1999 deelgeholl um ECML-Atelier „Sprooche-Ressourcen-Centren: e Wiessel vun der Leh-

rer- zur Lernerperspektiv“ (vgl. Poteaux an der allgemenger Bibliographie). Dës Veranstaltung huet d'Opfaassung gestäipt, datt d'Léieren net e Prozess ass, bei deem den Enseignant décidéiert, wéi de Schüler léiert, mä e Prozess, deem de Schüler selwer steiert. Dat huet eis an der Iwwerzeugung gestärkt, datt d'autonomt Léiere gefördert géif, wa mir e besser gëeegent Ëmfeld dofir géingen ubidden - a Form vun engem Sprooche-Ressourcen-Center.

Allerdéngs war et manner komplizéiert e bescheidenen SRC opzerrichte wéi d'Studenten op hir nei Roll virzebereeden. Hei ass e Résumé vun den Aufgaben, un deene mir zur Zäit schaffe fir de Studenten ze hëllefen, méi autonom ze ginn an esou méi effizient Sproochen ze léieren:

- Léierprogrammen entwéckelen, déi d'Erfahrung vun erwuessene Studente berücksichtigen an op d'Besoinen vun enger bestëmmter Lernergrupp aginn;
- de Studenten hëllefe sech kloer ze maachen, datt si selwer mussen weiderfueren d'Sprooch ze léieren, och nodeems si de Kllassesall verlooss hunn;
- hinnen derbäi hëllefen, sech déi Fäerdegkeeten unzëeegne fir dat mat Erfolleg ze maachen, d.h.:
 - hir Léierbesoinen erauszefannen a Léierziler ze formuléieren;
 - Inhalter a Progressioun vun hirem Léierprozess ze definéieren;
 - déi Léierstrategien ze wielen, déi fir si selwer am beschte funktionéieren;
 - den Acquisitiounsprozess ze observéieren;
 - ze bewäerten, wat erreecht ass.

Entscheidungen huelen, Zoustännegkeeten a Verbindungen

- Wéi en Niveau vun Autonomie huet Ären SRC?
- Ass Ären SRC en Deel vun engem/r méi groussen/r Departement/Organisatioun?
- Bitt Dir Servicer fir e puer verschidden Departementer/Benotzergruppen un (kënnt Dir dat/sollt Dir dat)?
 - Wann dat de Fall ass, ass den Niveau/den Ëmfank vun dëser Offerte kloer definéiert?
 - Musst Dir am Kader vu 'Servicevertrag' schaffen?
 - Wéi ginn dës Servicer finanzéiert (Departementsbudget oder géint Rechnung)?
- Op wéi engem Niveau kënnt Dir oder Ären Team Entscheidungen iwwert d'Gestioun oder de Finanzement selwer huelen a wéi eng Entscheidung mussen delegéiert ginn?
 - Ass dat alle Bedeelegte kloer?
- Sidd Dir enger Einzelpersoun oder engem Fëierungsgremium Rechenschaft schëlleg?
- Wéi eng Berodungs-/Rechenschaftsmechanisme gëtt et?
 - Si se alle Bedeelegte kloer ?
 - Kënnt Dir dës Berodungsstrukturen nei verhandelen, wann et néideg ass, dass de SRC mat der Zäit vi-rugeet?
- Mécht Ären SRC Gebrauch vun zentrale Servicer (z.B. technesch Hëllef/Personal) – ass d'Basis vun dëse Verbindunge kloer?
- Kennt Dir all Servicer an Aariichtungen, déi et schonns an Ärer Institutioun gëtt, a sidd Dir sécher, dass Dir op déi Expertise zréckgräift?

E Rot

➔ Dir fannt Hëllef bei SRCen aus der Noperschaft, besonnesch wann Dir e klengen SRC géiert.

Planung

- Hutt Dir um Niveau vun Ärer Institutioun e Plang fir Ären SRC (vläicht heescht dee „Joresplang“ oder „Entwécklungsplang“) an – wann dat de Fall ass – wéi laang kënnt oder musst Dir am Voraus plangen?
- Wat ass déi momentan Situatioun – wéi eng direkt, kuerz-, mëttel- a laangfristeg strategesch a praktesch Ziler sollen erreicht ginn?
 - Wéi eng realistesch Entwécklungsperspektiven huet Ären SRC?
 - Hutt Dir eng Machbarkeetsétude duerchgefouert fir d'Implikatioune vu gréisseren Entwécklungen ze préiwen?
- Wien ass um Planungsprozess bedeelegt – all déi, déi betraff sinn, d'Personal an d'Benotzer mat ageschloss?
 - Ass kloer, wien Dir ëm Rot froe musst (gëtt et z.B. e Studentecomité) a wéi déi bescht Consultatiounsstrategien ausgesinn?

E Rot

➔ Vergiesst net all déi Bedeelegt anzubannen, vun de Geldgeber bis zu de Benotzer.

Budget a Finanzen

- Wéivill Autonomie hutt Dir fir de Budget opzestellen an Ausgaben ze tätegen ?
- Gëtt Äre Budget op een/zwee/dräi Joer opgestallt ?
- Musst Dir de Betrag aushandelen – wa jo, op wéi enger Basis?
- Musst Dir e bestëmmte Pourcentage selwer erakréien?
 - Wa jo, wéi : duerch Coursen/Ubidd vum Servicer oder Aariichtungen, oder duerch Projetsaarbecht ?
 - Wësst Dir, wou Dir Méiglechkeete fir Projetsaarbechte/Soumissiounen fannt?
- Sinn all obligatoresch Budgetartikel/-contrainten/-prozedure (fir Bestellungen oder Rechenschaften) all deene kloer, déi dermat ze dinn hunn?
- Wann Ären SRC en Deel vun enger méi grousser Organisatioun ass, wéi en Departement ka bei finanzielle Froen hëllefen?

**Praktescht
Beispill**

Center fir Formatioun an Innovatioun an der Erzéiung (CFIE), Guardo

Wéi mir de Joresplang (am Kader vum Budget) opstellen, op der Basis vun engem System mat Besoinsanalys, an deem d'Personal an d'Benotzer mat implizéiert sinn

Den CFIE zu Guardo ass ee vun deenen dräi Formatiouns- an Innovatiounscentren an der Provënz Palencia an Nordspuenien. Eise Joresleeschtungsplang befollegt e festen Zäitplang a kloer definéiert Etappen; esou sinn all déi Betraffe sech hirer Verantwortungen an hire Flichten am Viraus bewosst.

Déi éischt Etapp vum Prozess fänkt am Januar u mat enger Versammlung vum Provënzcomité fir Enseignantsausbildung, an deem Vertrieeder vun deenen dräi Centrë fir Enseignantsformatioun an och Décideure vum Erzéiungsministère vu Palencia sëtzen. Dëse Comité entscheet genee doriwwer, wéi de Berodungs-a Planungsprozess am nächste Joer ëmgesat gëtt. Mir eenegen eis iwwer:

- *d'Opdeelung vun de Verantwortungen;*
- *den Zäitplang fir all Étappë vum Prozess;*
- *d'Modelle vu Questionnairë fir d'Besoinsanalys fir Formatiounen*
- *den Niveau vun de Servicer, wéi se am Kader vum Budget an de personelle Ressourcë méiglech sinn.*

Dës Accordë ginn op eng kollaborativ a frëndschaflech Manéier getraff.

De Joresbudget fir eis Aktivitéite kritt de Provënzcomité fir Enseignantsausbildung vun eisem Erzéiungsministère matgedeelt. Iwwert d'Opdeelung eenege sech déi dräi CFIEen opgrond vu jidderengem senge Benotzerzuelen. Esou wësse mir am Viraus, am Mee, wéivill Geld mir fir dat nächst akademesch Joer zur Verfügung hunn.

Beim Personal vun den Centrë fir Enseignantsausbildung spillt all „Beroder“ d'Roll vun engem Médiateur tëschent dem CFIE an enger bestëmmter Zuel vu Schoulen. De Beroder ass responsabel fir déi éischt Versammlung mat all Schoul (vertrueden duerch d'Direktionséquipes an den Enseignant, dee fir d'Fortbildung verantwortlech ass). An dëser Versammlung ginn d'Questionnairë fir intern Formationsbesoinen erkläert an d'Datum festgesat, wéini de Beroder d'Resultater asammele soll. Dem Beroder seng Charge ass et d'Formatiounsbesoinen fir all Schoul an engem Rapport zesammenzufaassen, deen op enger Versammlung vum CFIE-Personal virgestallt gëtt.

Wann eis Équipe dann all intern Formatiounsdemandë vun de Schoule kritesch ënnersicht an diskutéiert huet, analyséiere mir se am Kader vun eisem Budget. Da kënne mer Prioritéite setzen a mir décidéieren, wéi eng Aktivitéiten a Veranstaltunge stattfannen a wéi eng nei Ressourcë mir am nächste Joer uschafe kënnen. Dës Décisiounen ginn dem Provënzcomité vum Direkter vum Center matgedeelt. De Provënzcomité senger säits iwwermëttelt se dem regionalen Educatiounsministère an domat ass de Joresleeschtungsplang ofgeschloss.

Mir hu festgestallt, datt de Schlëssel fir e reibungslosen Oflaf vun der ganzer Prozedur an enger gudder Kommunikatioun läit, besonnesch tëschent de Schoulen an dem CFIE an tëschent dem CFIE-Beroder an dem Rescht vun eiser Équipe.

E Rot

➔ **Pass** op „verstoppte Käschten“ op wéi Softwarelizenzen an Entretienskontrakter, wann der en SRC vu Grond op opricht.

Promotioun, Reklamm, Identitéit a Marketing

- Hutt Dir eng „Kommunikatiounspolitik“, déi d'Ziler, d'Aktiounspläng a d'Bewäertungsmethode vun Ärem SRC beschreift?
 - Op wéi enge Grundlagen iwwerschafft Dir dës Politik?
- Hutt Dir e kloeren „Hausstil“ fir SRC-Dokumenten, Broschüren a Matdeelungen, déi derzou bäidroen, Ärem Center eng visuell Identitéit ze ginn?
- Hutt Dir e Logo fir Är Identitéit ze verbreedden oder dierft Dir de Logo vun Ärer 'Eltereninstitutioun' benotzen?
- Wéi maacht Dir Reklamm fir Ären Center – benotzt Dir déi gëeegent Mëttele fir un Äert Zilpublikum ze kommen?
 - Schafft Dir enk zesumme mat den Enseignanten/Formateure vun deene Leit, déi Ären Center besichen (egal, ob se aus der selwechter Institutioun oder vun auswäerts kommen), fir sécher ze sinn, datt si bei hire Studenten/Stagiäre Reklamm fir Ären Center maachen?

- Organiséiert Dir (oder huet Dir deel un) Ausstellungen, kulturell Manifestatiounen, Bicherfoiren, Lies-an-Alphabetiséierungscampagnen?
- Maacht Dir 'Porte-Ouverten' fir potentiell Benotzer?
- Wéi gesäit Är Internet-Präsenz aus – gött et Informatiounen iwwer d'Lag, d'Öffnungszäiten oder eng komplett Opzielung vu Servicer, e Katalog vu Ressourcen, Detailler zu all Äre Projeten an Aktivitéiten?
 - Wéi assuréiert Dir, dass Är Online-Informatiounen nützlich, einfach ze benotzen an um leschte Stand sinn?
- Verëffentlecht Dir en Informatiounsblat/eng Informatiounsbroschür fir d'Benotzer vun Ärem SRC mat den Öffnungszäiten, Servicer, Kontaktméiglechkeeten an Informatiounen iwwer Zougangsweeër fir Behënnerter?

(N.B.: Fir Froen iwwert den Zougank kuckt no am Ofschnitt „Benotzer“).

Praktescht Beispill

Éisterräichesche Sprooche-Kompetenz-Center, ÖspK, Graz

Wéi schafft een eng Identitéit vun engem SRC ouni professionell Hëllef an ouni vill Suen

1997 war den Éisterräichesche Sprooche-Kompetenz-Center (ÖspK) nach dem éisterräicheschen Erziehungsministère (BMBWK) ënnerstellt, mä e sollt awer kuerz duerno ausgegliddert ginn. Deemools si mir mam Erziehungsministère identifizéiert ginn a mir hate keng Strategië prett fir déi onofhängeg Identitéit vun eiser Organisatioun – als ÖspK – eisen Zilgruppe bewosst ze maachen.

Mir hunn den erfollegräichen – mä schwieeren – Prozess eis Identitéit innerhalb vum éisterräicheschen Erziehungswiesen ze schaffen ageleet duerch:

- d'Diskussioun vun eisen Ziler
- d'Zesummestelle vun de Mëttelen
- d'Strategien, déi mer asetze konnte fir besser vun eisem Zilpublikum 'erkannt' ze ginn.

Mir hunn eist visuell Erscheinungsbild iwwerduecht an decidéiert bei all Geleeënheet déi selwecht visuell Symboler ze benotzen an esou d'Opmierksamkeet op eis Existenz ze lenken an ze verstärken. Mir hu fonnt, dass et net néideg war eng deier PR-Agence ze beoptragen – wat wierklech gezielt huet, war, dass d'Leit den Numm vun eiser Institutioun an hire Logo mat deene verschiddegen Haaptaussoen iwwert hiren Zweck a Verbindung bréngen konnten.

Mir hu Brainstorming gemaach iwwert eisen Numm, Logo, Bréifpabeier, fréier Publikatiounen asw. Mir hu realiséiert, dass scheinbar kleng Décisiounen wéi:

- wou a wéini Logoen ubréngen
- wéi e Bréifpabeier benotzen
- ob mer d'Ausgesi vu Publikatiounen (och nëmmen e bëssen) kënnen änneren, sou dass se direkt mat eiser Institutioun a Verbindung bruecht konnte ginn, wichteg fir d'Créatioun vun enger neier Identitéit waren.

De Logo vum ÖspK, zesumme mat eisem kompletten Numm, gött elo fir all eis Publikatiounen, Bréiwer, Broschüren a Classeure benotzt. Wa méiglech placéiere mer eise Logo

ëmmer op déi selwecht Plaz op der Säit a mir uechten drop, dass all eist Material dee selwechten Design huet, sou dass Publikatiounen, Classeuren, CD-Romen, asw., déi zu engem Projet gehéieren, d'selwecht ausséien.

Eisen nächste Schrëtt war et, eng 'Kommunikationsstrategie' ze plange fir sécherzesstellen, dass all Messagen déi selwecht Richtung, Zil a Wierkung haten. Mir hunn decidéiert fir bei esou ville Geleeënheeten wéi méiglech Reklamme fir den ÖspK ze maachen a fir gedréckte Material un d'Visiteuren auszedeelen, och wann dat aus Käschtegrënn oft nëmme fotokopéiert Blieder konnte sinn. Mir hu gezielt Kontakter mat de Medien opgeholl, dorënner d'Zäitschrëften- an d'Zeitungskorrespondente fir Erziehung, Soziales a Feuilleton, an hu festgestallt, dass den Opbau vu Mediekontakter méi Zäit ewéi Geld kascht! Mir hunn op des Strategien am Joer vun de Sproochen zeréckgegraff a stellen elo fest, dass mer, wat d'Léiere vu moderne Sproochen an Éisterräich ugeet, am Mëttelpunkt vun Interesse stinn.

Mir hunn erausfonnt, dass eng kloer strukturéiert a regelméisseg un de leschte Stand ugepassten Homepage vill bréngt am Prozess (deen heiansdo midd mécht) fir eng Institutioun wirksam ze positionéieren. Et kann ee Geld an Zäit spueren, wann een de Konzept an den Inhalt selwer festleet an d'technesch Entwécklung engem Webmaster iwwerdréit. E gutt Basiskonzept ka liicht erweidert ginn am Kader vun Äre finanzielle Mëttelen, z.B. duerch interaktiv Datebasen, Diskussionsforen, Chatplazen asw.

Schliesslech recommandéiere mir Schlësselwierder fir Är Aarbecht ze sichen, déi méiglechst kuerz, kloer an einfach sinn. Mir benotze fir den ÖspK 'Entwécklung-Verbredung-Vernetzung'. Esou Schlësselwierder kënnen d'Jarnéier vun Ärer PR-Strategie sinn, déi all Geleeënheet fir Reklamme ze maachen notze sollt!

Personalpolitik

Wie braucht Dir?

- Wat sinn de Profil an den Ëmfang vum Personal, dat Dir an Ärem SRC braucht: Akademiker, Beroder, Informatiker, Verwalter, Techniker?
 - Sinn Är Leit voll- oder deelzäitbeschäftegt; hu se onbefrist Kontrakter, si se 'geléint' (Intérimaires), sinn et Studenten, Fräiwëlleger, Fuerschungsstudenten oder gëtt et eng Mëschung vun allem?
 - Gëtt et fir all Beschäftegter e Profil mat den Détailler vun hirer Roll an hire Responsabilitéiten?
 - Mussen Är Leit zu 'onsoziale Stonne' schaffen, z.B. owes oder de Weekend?

Astellungspolitik

- Kënnt Dir Är eege Leit selwer astellen? Wa jo, kennt Dir déi gesetzlech Bestëmmungen an d'Lountabellen?
 - Hutt Dir u Quoteregelungen a Chancegerechtegkeet geduecht?
- Wësst Dir, wou Dir Annoncë maache kënnt fir u potenziell Kandidaten ze kommen?
- Gëtt et en Aféierungs-/Orientéierungsprogramm fir nei Mataarbechter?

Coordinatioun a Responsabilitéiten

- Sinn d'Responsabilitéits- an d' Gestionsstrukturen dem gesamten SRC-Personal kloer (d.h., hutt Dir en Organigramm)?
 - Wann Dir en Deel vun enger méi grousser Organisatioun sidd, sinn d'Prozedure kloer fir mat Leedungsgremien, Coordinatiounscomitéen a Kollege vun ausserhalb vum SRC ze schaffen?
 - Besti Mechanismen fir d'Mataarbechter, fir e Feedback iwwer all Aspekter vun hirer Aarbecht oder SRC-Aktivitéiten ze kréien?
- Wéi sinn d'Stonnepläng opgebaut (fir d'Réceptioun, d'Berodung, d'technescht – an d'Léierpersonal); d'Vacanzen, d'Replacement- a vu wéi?

Berufflech Weiderentwécklung

- Hutt Dir e Plang an e Budget fir berufflech Weiderentwécklung a Kompetenzaustausch?
 - Ass d'berufflech Entwécklung mat Bewäertung vum Personal verbonn?
 - Wéi gëtt se gefördert an ënnerstëtzt?
 - Kritt d'Personal Hëllef ugebueden duerch extern Formatiounen a Coursen, déi mat der Aarbecht ze dinn hunn?
 - Kritt d'Personal Formatiounscongé oder Fräizäit fir Coursen, déi mat der Aarbecht ze dinn hunn?
 - Wéi kënnt d'Personal un Informatiounen iwwer Formatiounen?
- Ginn et schrëftlech Richtlinne fir déi wichtegst Operatiounen vun der Gestioun - fir dem Personal Zäit ze erspieren a fir ze vermeiden, datt dem neie Personal all Aspekt op en Neits erkläert muss ginn?

Personalverriedung an Ënnerstëtzung

- Huet d'Personal Zougank zu deene betreffende Gewerkschaften oder Berufsverriedungen?
 - Kritt d'Personal Fräizäit oder finanziell Hëllef fir u Versammlungen deelzehuelen?
- Sidd Dir an déi betreffend Netzwierker agebonn fir Ënnerstëtzung an Äre berufflechen Aktivitéiten an Entwécklungen ze kréien?

Praktesch Beispill

APIGA, d'Associatioun vun de gallizeschen Englesch-Enseignanten, Spuenien

Volontären: Studenten an engem Stage am APIGA Sprooche-Ressourcen-Center

Ee vun de Problemer vu villen SRCen ass, datt se méi Leit brauche wéi hire Budget zouléisst. Eng méiglech Léisung besteet do-dran, Fräiwëlleger anzustellen. D'AGIPA, d'Enseignantsorganisatioun an Nordspuenien, kann hei e puer Rotschléi ginn. Eng Iddi

ass et, Studenten anzustellen, déi grad vun der Universitéit kommen a praktesch Aarbechtserfahrung brauchen. Oder, et kann een un akademesch Institutiounen erunrieden, déi Stagen an hire Programmen hunn – déi sichen oft nei Organisatiounen, wou se hir

**Praktescht
Beispill**

Studente kënnen placéieren.

lert ee Fräiwëlleger sicht, ass et ubruecht d'Aufgaben op verstänneg Aarbechtsquantitéiten ze limitéieren, sou datt déi nei Matarbechter net iwwerfuert sinn oder awer sech langweilen. Ausserdeem, wann Dir de Fräiwëllege kloer sot, wat se maache sollen, ass et och méi einfach si dervun ze iwwerzeegen, datt si déi Erfahrung sammelen kënnen, déi si brauchen oder déi si nëtzlech fannen. Zum Beispill fille sech frësch gebaken Akademiker méi dervun ugezunn ze hëllefeng eng nei Database opzemaachen wéi Regaler ze raumen oder einfache Pabeierkromen ze erleeeden.

Eng kloer Definitioun vun der Tâche vun de Volontären huet dee Virdeel, datt den SRC méi séier d'Aarbecht erkennt an den offiziellen Recommendatiounsbréiwer, déi d'fräiwëlleg Studenten mat op de Wee kréien. Op déi Manéier hunn d'zoukënfteg Patronen eng kloer Iddi iwwert dat, wat d'fräiwëlleg Stu-

dente während hirem Stage am SRC gemaach hunn. Et ass och méi einfach d'Progression während dem Stage ze bewäerten an et hëlt den Drock vum normale Personal, dat sech net méi drëm këmmere muss, wat d'Volontären als nächst musse maachen.

Méi grouss Organisatiounen sollten drun denken standardiséiert Aféierungsprogrammer opzestellen, sou datt nei Fräiwëlleger eng Basisausbildung kréien a gläichzäiteg d'Organisatiounen kenne léieren. Fréier Volontären kënnen neier ausbilden, wat hinne gutt geschriwwen gëtt.

Schliisslech sollt Dir un aner Manéieren denken, wéi Dir Är Volontären belount, wann Dir se net bezuele kënnt. Z.B. offrëiert d'AGIPA hire Volontären gratis Zougank zu Konferenzen an Atelieren oder hëlt se fir näischt an d'Organisatioun op. Natierlech sinn dës Privilegien leeschtungsgeboun; nämme Volontären, déi hir Aarbecht zu Enn bréngen, kommen an de Genoss dervun.

Rotschléi

- D'Berufsbiller entwéckelen sech an et kommen neier derbäi; e Sprooche-Beroder amplaz e Proff an der Klass, e Workshop-Ressourcen-Manager amplaz en traditionelle Bibliothécaire.
- Organiséiert eng Formatioun iwwert den Notzen vun ICT fir Äert Personal; esou hëllef Dir hinnen ëmmer um neiste Stand ze sinn an hir Aufgabe gutt ze erfëllen.

Feedback an Evaluatioun

- Stiecht Dir Zäit a Ressourcen doran - huet Dir an Är Kollegen lech d'Zäit nozedenken iwwert dat wat Dir maacht?
- Wien ass an de Feedback an den Evaluatiounsprozess abezunn? - d'Personal/d'Benotzer?
- Wat fir eng Evaluatiounsmethoden a Mëtzel setzt Dir an? Ëmfroen, Statistiken, Interviewen, Questionnairen...?
- Wat fir eng wichteg Indicateuren setzt Dir a fir d'Efficaciteit vun Ärem SRC anzuschätzen?
- Sammelt Dir Donnéeën fir Managementzwecker, z.B. d'Zuel vun de Benotzer/den Asaz vun de Ressourcen/an de Spëttestonnen oder a Stonnen wou wéineg Leit do sinn - a wa jo, wéi?
- Sammelt Dir och Informatiounen iwwert d'Qualitéit an de Notzen vu bestëmmten Ressourcen/Méiglechkeeten/Zerwisser/Projeten? Wa jo, wéi?
- Wéi gebraucht Dir déi eenzel Donnéeën vum Feedback – fir bäizelieren/lech ze verbesseren/d'Zerwisser z'adaptéieren?
 - Ginn d'Resultater publizéiert fir datt all déi concernéiert Leit se gesinn?
- Hutt Dir eng Suggestiounskëscht - wou ass se?
- Ass Äre Feedback-Mechanismen esou "einfach" wéi méiglech?

E Rot

- Gebraucht en anonyme Questionnaire, fir eemol am Joer e Feedback op enger fräiwëlleger Basis vun de Benotzer vum SRC ze kréien.

Urheberrechter / Copyright

- Wësst Dir Bescheed iwwert d'rechtlech Situatioun wat d' Urheberrechter/de Copyright ubelaangt?
- Maacht Dir en däitlechen Hiwäis/eng Warnung fir Är Benotzer wat Urheberrechtsverletzungen ubetrëfft?
- Wéi kënnst Du sécher sinn, datt Äert eegent Personal d' Urheberrechter net verletzt ?- duerch Schulung/ Informatioun/an deem s Dir keng "illegal" Kopie maacht?
- Weess Är Institutioun wéi se de Problem vum Copyright léise soll?
- Wësst Dir wéi de Copyright ugewannt gëtt bei der Digitaliséierung vu Material, dat an engem anere Format existéiert?
- Accordéiert Dir Autorerechter/geeschtegt Eegentum bei eegene Publikatiounen ?
- Kënnst Du verschidderer vun Ären eegene Ressourcen oni Copyright huelen? (wann d'Quell genannt gëtt)
- Gëtt et eng Méiglechkeet fir d'Ressource mat Nopeschcenteren/Departementer oder Berufsvorbänn auszetauschen?

Gesondheet a Sécherheet, Aarbechtsëmfeld

- Wësst Dir, Personal a Benotzer vum SRC, gutt Bescheed iwwert d'Gesondheets- an d'Sécherheitspolitik vun ärer Institutioun – ass et en Deel vum Aféierungsprogramm ?
- Gitt Dir an Äert Personal regelméisseg iwwert d'Gesondheets- an d'Sécherheitscoursen informéiert ?
- Hutt Dir eng Éischthëllefkescht, hutt Dir ënnert Äre Leit der, déi en Éischthëllefkurs gemaach hunn (an/ oder weess Äert Personal u wien et sech an engem Noutfall wenne soll ?)
- Ass dee Sécherheitsniveau garantéiert, deen d'Benotzer, d'Ariichtung an d'Ressource schützt?
- Sinn d'Uweisungen, wat Dir am Fall vun engem Feier maache sollt, däitlech ze gesinn, ginn d'Feierläscher regelméisseg kontrolléiert, weess äert Personal wéi et bei Feier oder an engem aneren Noutfall reagéiere soll?
- Hutt Dir e séchert Aarbechtsfeld an encouragéiert Dir Äert Personal an d'Benotzer an dës Richtung, z.B. an deem Dir gutt (ergonomesch) Aarbechtsstatiounen, verschidde Richtlinn fir d'Personal a Pause fir d'Leit déi um Computer schaffen, hutt?
- Encouragéiert Dir den ekologesche Gebrauch vu Ressourcen, z.b. recycléierte Pabeier; haalt Dir lech un déi virgeschriwwen Entsuerung vu géftege Substanze wéi Toneren an Druckerpatrounen ?

E Rot

➔ Wann Der zu Äre Benotzer sot, si sollen hir eege Kopfhörer matbréngen, kënnst Du d'Sue fir nei ze kafe spueren – a vrun allem ass et méi hygiënesch.

Assurancen / Zoustännegkeet

- Sidd Dir lech am Kloeren iwwert d'Versécherungssituatioun/Är Verantwortung fir d'Sécherheet an d'Eegentum vum Personal an de Benotzer (hutt Dir hinnen dëst och matgedeelt?)
- Wësst Dir wéi Äre Stock an Äert Équipement verséichert sinn? (z.B. bei Feier, Iwwerschwemmung oder wann eppes geklaut gëtt?)
- Hutt Dir déi géeeigent Sécherheitsmoosname getraff fir d'Klaue vum Équipement a vun de Ressourcen ze verhënneren, speziell am Fall wou den Center fir jiddereen op ass?
- Weess jidderee vum Personal Bescheed iwwert den Dateschutz (perséinlech Daten iwwert d' Benotzer?)

Praktesch Froen

- Hutt Dir eng Strategie entwéckelt wat d'lessen, d'Drénken, d'Benotze vum Handy a vum Laptop an Ärem SRC ubelaangt, a wat ass d'Basis fir dës Regeln?
- Wéi meeschtert Dir déi schwierig Aufgab fir Är Ressourcen, déi fir jidderee fräi zougänglech sinn, permanent erëm anzeräumen? (ass dat d' Aufgab vun engem oder zwee Membere vum Personal oder gëtt se vum ganzen Team iwwerhollt?)
- Wie mécht propper? Hutt Dir dat richteg Équipement an déi richteg Botzmëttel fir d'Écranen, d'Tastatur, d'Kopfhörer, d'Video- oder d'Kassetterecorderkäpp, an och fir den normalen Ënnerhalt vun de Schoul-säll an Aarbechtsraim?

Interessant Adressen

-  **CERCLES**
Confédération Européenne des Centres de Langues dans l'Enseignement Supérieur/ Europäesch Confédératioun vun den Héichschoulsproochenzentren
 Eng Confédératioun vun onofhängegen Associatiounen aus 21 europäesche Länner.
www.cercles.org
-  **CIEL Language Support Network:**
 D'Bekanntmaache vum selbstännege Sprooche léieren.
 CIEL Guiden fir erofzelueden-praktesch Guide fir d'Integratioun vu selbstännegem Sprooche léieren an offiziellem Léierplang am institutionelle Kontext :
Handbook 2–Managing independent Language Learning: management and policy considerations
<http://ciel.lang.soton.ac.uk>
-  **European Commission**
 Generaldirektioun fir Bildung a Kultur
 Sproochen am Unterrecht an an der Ausbildung
 Socrates Programm –Projeten a Bewerbungsformulairen
<http://europa.eu.int/comm/education/socrates/download.html>
 Leonardo Programmer–Sproochen an der Berufsausbildung
<http://europa.eu.int/comm/education/languages/actions/leonardo2.html>
 Regionalsproochen a manner geschwate Sproochen
<http://europa.eu.int/comm/education/langmin.html>
Interessant ass och: 'Supplementary resources' vum LCR portal: www.lrcnet.org

BENOTZER

Är Benotzer definéieren d'Aktivitéite vun Ärem SRC, d'Arichtungen an d'Ressourcen déi se brauchen an d'Équipement dat néideg ass fir déi Servicer ze leeschten. Dofir ass et ganz wichteg ze wëssen, wien Är Benotzer sinn (oder ginn), wat si vum SRC brauchen an erwaarden an och wéini a wéi se sech Zougang zu den Servicer, déi ugebuede ginn, verschafen (oder verschafe wéilten).

Wahrscheinlech ka keen SRC all deene Benotzergruppen, déi hei opgezielt ginn, seng Servicer ubidden. Awer et gétt vläicht nei Gruppe vu Benotzer, déi vun Äre Servicer profitéiere kéinten, oder vläicht kéint Dir den Accès méi einfach maache fir déi Benotzer, déi Dir schonn hutt, ouni enorm Ausgaben oder eng komplett Reorganisatioun ze maachen.

D'Benotzer profitéieren op vill verschidden Aart a Weise vum SRC. Hautdesdaags benotzt net jiddereen den SRC "op der Plaz" an d'Technologie offréiert d'Méiglechkeet fir vill méi Benotzer "op Distanz" ze erreeche wéi et nach vrun zéng oder esouguer 5 Joer méiglech war. Wann ee virsiichteg plangt an e bësse Fantasie huet, kann een den SRC opmaache fir Benotzer, déi geographesch isoléiert sinn oder fir behënnert Persounen, déi sech net an den SRC déplacéiere kënnen.

Eng gutt Kommunikatioun mat all de Benotzer a Geleeënheete fir e regelméisseg Feedback ze kréien hëllefen lech ze kontrolléieren ob déi Servicer, déi Dir ubitt, deem entspreche wat d'Leit brauchen an hëllef eng Atmosphär ze schafen an där ee gutt schaffen a léiere kann.

Zilgruppen

Wat fir eng vun dësen Zilgruppe benotzt Ären SRC (oder kéint e benotzen) a wat sinn hir spezifesch Besoinen?

Schüler

- Spillschoulskanner
- Schoulkanner (Primärschoul a Secondaire)
- Sproche-Clibb
- Universitätsstudenten (déi voll- oder deelzäit studéieren)
- Erwuesse Schüler
- Universitét fir den drëtten Alter
- Berufswiederbildung (Economie/Industrie/Technik/Déngschtleeschtungssecteur)

Enseignanten

- Léierpersonal (an der Ausbildung a während dem Berufsliewen, all Secteure vun der Educatioun)
- Formateure vu Léierpersonal
- Enseignanten an der Erwuessenebildung
- Formateuren an der berufflecher Sprochenausbildung

Déi, déi d'Décisiounen an der Sprochenausbildung huelen an hir Multiplicateur

- Pädagogesch Beroder an Inspekteren

- Déi, déi d'politesch Décisiounen huelen
- Verrieder vum Educatiounsministère oder vun anere Ministèren
- Déi, déi d'Léierpläng opstellen
- Examenskommissiounen
- Beruffsverbänn/Réseauen/Associatiounen

Institutiounen, Entreprises an aner Individuen

- Kulturell Institutuer
- Éditeuren
- Radios- an Televisiounsstatiounen
- Fuerscher
- Déi, déi Léierbicher an d'Schoulbicher schreiwen
- Aner SRCentren (oder Centrë fir d'Léierpersonal)
- Journalisten
- Allgemeng Ëffentlechkeet

Praktescht Beispill

De CILT, den Zentrum fir Informatiounen iwwert Sprooche léieren a Recherche, London

Mir si fir eng breet Palette vu Benotzer do

E Grupp vu 'Benotzer', deen de CILT net direkt usprécht, op jidder Fall net am Kader vu sengen Haaptaufgaben, sinn "d'Studenten". Awer ënnert deenen dausende vu Leit, déi d'Ressourcen aus der Bibliothéik vum CILT benotzen, an deenen zéngdausenden, déi d'Ressourcen online benotzen, betreie mer och all dës Gruppen:

- Enseignanten
- Déi, déi d'Décisiounen an der Sproochen- ausbildung huelen
- Multiplicateurs
- Institutiounen, Entreprises an eenzel Persounen

Mir ënnerstëtzen all d'Secteur vum der Educatioun: d'Primärschoul (oder esouguer d' Spillschoul), de Lycée an d'Erwuessenebildung an och déi berufflech Sproochenausbildung.

Jiddereng vun dëse Gruppen huet spezifesch Besoinen a benotzt de CILT aus ganz verschiddene Grënn:

- Si profitéiere vun de CILT Servicer op verschidden Aart a Weisen (a Persoun, iwwert Telefon, Bréif, online, an engem Ausbildungscours oder duerch Publikatiounen)
- Si brauchen d'Ënnerstëtzung vum CILT zu verschiddenen Zäitpunkten (vum Dag, vum Joer, vun hirer Carrière)
- Si brauche verschidden Zorte vu Servicer (Informatiounen, Rotschléi, Ressourcen, Schulung, Verëffentlechungen).

Dat huet natierlech Auswierkungen op d'Plangen an d'Ausféiere vun eise Servicer.

Zum Beispill:

- Si mir eemol d'Woch laang op an och Samschdes moies op fir datt d'Enseignanten am SRC ausserhalb vun hire Stonne schaffe kënnen
- Hu mir e Réseau vu 'Comenius Centren' iwwerall a Groussbritannien fir déi, déi zevill wäit vu London ewech wunnen
- Sinn eis "Informatiouns-Blieder" (vun deene mer méi wéi 20000 Stéck am Joer ausdeelen), online
- Schaffe mer mat bei enger Rei vu regionalen, nationalen und internationale Projeten, déi eis hëllef méi e grousst Publikum ze erreechen a Sachverstand a Fäegkeeten auszetauschen

Mir hu verschidde Léisunge fonnt fir eng breet Palette vu Benotzer unzesprechen:

- gutt Kommunikatioun tëschent de Kollegen an anere Sektione vum CILT;
- Zesummenaarbecht a Partnerschaften mat externen Organisatiounen a Projeten;
- Réseauen—an alle Formen;
- De Gebrauch vun ICT an d'Exploitatioun vun deem fantastesche Potential vum Internet, déi et méiglech maache Benotzer, déi wäit ewech wunnen, ze erreechen, d'Portokäschten erofzesetzen a manner Retarden ze hunn.

Accès a Kommunikatioun

- Wéi kommunizéiert Dir mat Ärer Zilgrupp- a Persoun, duerch anert Léierpersonal, Beroder, Flugblieder, en Tableau fir Notizen, e-mail, Circulairen...?
- Wéi féiert Dir déi nei Benotzer an?

- Ginn d'Leit zu bestëmmten Zäiten an de System agefouert oder huttt Der e flexibele Service wann et noutwenne ass?
- Wéi encouragéiert/vereinfacht Dir d'Kommunikatioun tëschent de Benotzer an dem Personal vum SRC?
- Wéi gitt Der op déi verschidden Demande vun Individuen/ Gruppen an?
- Huttt Dir, beim Stonneplang fir d'Coursen/d'Beroden/d' "self-access" Sessiounen den Zougang vu Gruppen an d'Verfügarkeet vun den Dokumenter berücksichtegt?
- Denkt Dir och un déi, déi net esou vill Erfahrung mat der Technik hunn?

Benotzer, déi speziell Besoinen hunn

- Wat fir eng Aariichtungen huttt Dir fir Benotzer mat spezielle Besoinen a fir Benotzer, déi behënnert sinn?
- Ass d' "Zougängelechkeet" (z.B. Rampe fir de Rollstull) fir Benotzer mat spezielle Besoinen (behënnert Persounen) iwwerpréift a fir d'Benotzer an déi potentiell Benotzer bekannt gemaach ginn?
 - Kann d'Zougängelechkeet vum Ärem SRC verbessert ginn?
 - Huet Äert Personal speziell Fäegkeeten, wéi z.B. d'Verstoë vun der Zeechesprooch?
 - Wësst Dir wou Dir kucke sollt an u wien Dir lech wenne musst fir e Rot ze kréie fir den Zougang an Ären SRC ze verbessern?

Praktescht Beispill

Institute for Language and Speech Processing, Athen

Déi verschidde Manéiere wéi den ILSP mat senge Benotzer kommunizéiert

Den ILSP offréiert Sproocheressource fir e breede Publikum.

Eisen Zentrum gëtt haaptsächlech vun der griichescher an der internationaler Fuerschung a Recherche consultéiert. Mä an dësem Krees identifizéiere mir och nach speziell Benotzergruppen a bestëmmen déi Zort vun Informatiounen a Ressourcé fir déi se sech wahrscheinlech interesséieren. Mir hunn Datebanke mat besonnesch interessanten Informatiounen entwéckelt fir dës Informatiounen iwwert eis Benotzer ze späicheren, an deene Wëssenschaftler, Fuerscher, Studenten an Décideuren a verschiddene Kategorien agedroe sinn. Esou kënnen mir decidéieren, wat fir eng Grupp/Gruppe mir iwwert e bestëmmt Thema informéiere sollen an erreeche regelméisseg all eis Benotzer op verschidde Manéieren.

D'Haapt-Kommunikatiounsmëttel, dat vum ILSP agesat gëtt, ass eis Internet Homepage (www.ilsp.gr). Si ass e praktescht a bëllegt Kommunikatiounsinstrument an erreecht séier e grousst Publikum. Si ass speziell op eis Benotzer zougesechnitten, vun deenen déi meescht gutt mam Computer ëmgoe kënnen, en Accès op Internet hunn an d'Gewunnecht hu fir hir Fuerschung an hir Aarbecht domat ëmzegoen. Natierlech ass et gutt, wann eng Homepage esou dacks wéi méiglech aktualiséiert gëtt an all déi interessant Neiegekeete fir d'Zilgrupp presentéiert. D'Homepage vum ILSP gëtt dofir all Dag erneiert an informéiert –ënnert anerem- iwwert déi fréier, aktuell an zukünfteg Événementen an Aktivitéiten vun dësem Center. Si ass och zweesproocheg (griichesch an englesch), well vill vun eise Benotzer ausserhalb vu Griicheland wunnen,

an déi meescht Wëssenschaftler a Fuerscher, déi kee Griichesch verstinn, verstinn Englesch. D'Zuel vun de Sproochen an deenen Dir Är Homepage maacht a wéi dacks se aktualiséiert gëtt, hänkt natierlech vun Ärem Budget an de Besoinen vun de Benotzer of.

Esou nützlich an efficace den Internet si kann, hu mir och, wéi all SRC, Informatiounen déi nëmmen e kleng Grupp vu Leit interesséieren. Fir deen Zweck produzéiere mer speziell "Circulären", déi mëi sophistikéiert si wéi dat offiziell Material vum Internet, an och Artikelen aus Wëssenschaft a Fuerschung. An dësem Kader verëffentlecht den ILSP Logonavigation, eng Publikatioun iwwert d'Technologien am Domaine vun de moderne Sproochen, déi gratis u speziell wëssenschaftlech Interesse-Gruppe verschéckt ginn.

Wéi an all SRC musse mir heiansdo d'Benotzer perséinlech uspriechen, virun allem wann d'Benotzer dréngend iwwer speziell Événementen, Aktivitéiten oder Publikatiounen informéiert solle ginn. Dofir kontaktéiert den ILSP heiansdo e puer vu senge Benotzer iwwert e-mail oder Telefon. Et ass natierlech ganz wichtig dës Persounen esou auszewielen, datt se sech wierklech fir déi Informatiounen interesséieren déi mir hinne matdeele wëllen.

Mir hunn et och ganz nützlich fonnt, fir un Événementen wéi Konferenzen an Ausstellungen deelzehuelen, well mir do dacks eis Interessengruppe fannen. Den ILSP hëlt am Laf vum Joer deel u villen Événementen a versicht esou vill Persounen wéi méiglech ze erreechen.

Rotschléi

- Erënnert lech drun, datt verschidde Benotzer (virun allem eeler Studenten oder déi, déi erëm ufänken ze studéieren,) vläicht net d'Geleeënheet hate fir an der Vergaangenheet mat Computeren oder digitaler Technologie ëmzegoen.
- Vergiesst net all Mëttelen anzesetze fir Är Benotzer ze errechen – sidd esou komplett wéi méiglech.

Nei Benotzer uspriechen

- Ginn d'Ariichtungen an d'Déngschtleeschungen an Ärem SRC optimal genotzt?
- Ass et eng Prioritéit vun Ärem SRC fir nei Benotzer unzezéien?
 - Wa jo, spigelt dat sech an Äre Moosname fir den SRC bekannt ze maachen erëm?
- Hutt Dir lech schonn iwwerleucht wéi Är Ariichtungen a Servicer, déi de Moment bestinn, vun neien Zilgruppe benotzt kéinte ginn?
 - Kéint Dir méi laang ophunn?
 - Kënnt Dir verschidderer vun Ären aktuellen Ariichtungen a Servicer op Distanz offréieren? (Telefon, Post, Internet)
- Kënnt Dir nei Gruppen a méi rouege Perioden alueden (vläicht fir d'éischt fir ze probéieren)?
 - Hätt Dir da méi finanziell Mëttelen, an deem s Dir Är SRC - Fonctioun erfëllt oder d'Aktivitéite vun Ärem SRC ausbaut?
- Hutt Dir mat all de concernéierte Leit (virun allem mam Personal vum SRC) iwwert all geplangten Entwécklung oder Ausbau geschwat?

Praktescht Beispill

European Centre for Education and Training (ECET), Sofia

“Happy Puppy” a “Linguapeace”’: den Opbau vun SRC-Netzwierker fir speziell Gruppen (jonk Studenten a Friddenswiechter)

Am Laf vun deene leschten dräi Joer huet den ECET, deen en Netzwierk vu Sprooch- an Ausbildungszentren a ganz Bulgarien huet, seng Raimlechkeeten, säi Fachwëssen a seng Servicer fir zwou nei, ganz verschidde Gruppen opgemaach: Kanner a Friddenswiechter.

An den “Happy Puppy Language Resource Centres” gëtt no de Kanner (6-12 Joer) gekuckt. Si léieren Englesch an hirer “Fräizäit”, no der Schoul an an der Vakanz a gebrauchen nei Methode wéi:

- Spill- a Léieraktivitéiten;
- Selwer léieren an entdecken;
- Interaktiv Coursen a Coursen ënnert der Leedung vun engem Proff
- Gebrauch vun de Multimedia-Ressourcen a vum Internet

D’Initiativ fir d’“Language Resource Centres for Peacekeepers” ass entstan an Zesummenaarbecht mat dem europäesche Projet “Linguapeace” mat Kollegen aus Groussbritannien, Holland an der Slowakei. D’Zil vun dësen Zentren ass et fir modern Technologien an aktuell a wierksam Methoden an de Friemsproocheléierprozess fir zukënfteg Friddenswiechter anzeféieren. Mir hëllefen och de Studenten, wichteg Ressourcen ze fanne fir si an hirem Sproocheléierprozess fir dës ganz spezifesch Aufgab ze ënnerstëtzen.

Obwuel dës zwou nei Benotzergruppen - Kanner a Friddenswiechter - ganz verschidde Besoinen hunn, gëtt et awer e puer gemeinsam Aspekter an de Servicer, déi mir hinnen ubidden:

- Interaktivt Léiermaterial an de Gebrauch vu ville verschiddene Medien (besonnesch de Video);
- Mam Proff zesummen a selbstänneg léieren
- Hinne bäizebréngen wéi si dat Material an déi Referenzen, déi se brauchen, fannen
- Aféiere vun der Zilkultur am Unterrecht.

Mir konnten eisen Zentrum fir dës nei, ganz verschidde Gruppen opmaachen, well mir d’Erfahrung an d’Methodologien, déi schonn am ECET bestan hunn, adaptéiert hunn, a wann et néideg war, nei Elementer agebaut oder entwéckelt hunn (z.B. militäresch Wiederléschten, Evaluatiounsmaterial dat op si zougeschnidde war asw.)

Mir hu missen op sinn, eis adaptéieren a bäiléieren. Mir hu fonnt, datt op eis Force opzebauen an eng “progressiv Approche” ze hunn,- kleng ufänken a sech lues weider entweckele wéi d’Konzept bis fonctionnéiert huet - sech bezuelt gemaach huet. Wat “Happy Puppy” ubelaangt, hu mer an deene leschten zwee Joer 8 nei Regionalzentren ageriicht

**Praktescht
Beispill**

an et existéiere Projete fir 2006 fir nach siwen "Linguapeace Language Resource Centres" ze schafen (www.linguapeace.net).

Duerch d'Experienz mat dese ganz verschid-dene Gruppen hu mir ganz vill bäigeléiert. Si

huet eis d'Veutraue gi fir eis Kreativitéit an eis Phantasie anzesetzen, wa mir driwwer nodenke wat fir eng nei Benotzergruppen vun de Servicer an den Aariichtungen vun eisem SRC profitéiere kéinten.

Interessant Adressen



AbilityNet

Behënnert Leit an de Computer

www.abilitynet.org.uk/content/home.htm

The Centre for Accessible Environments

Karitativ Organisatioun aus Groussbritannien; Informations- an Ausbildungscen-ter iwwert d'Zougängelechkeet vun de Gebaier fir handicapéiert Persounen.

www.cae.org.uk



CIEL Language Support Network

Ënnerstëtzt d'selbstänneg Sprooche léieren CIEL Uleedungshefter, déi een ero-fluede kann:

Handbook 6—Making independent language learning accessible

<http://ciel.lang.soton.ac.uk>



European Disability Forum

www.edf-feph.org



Web Accessibility Initiative (WAI)

De WAI probéiert, den Zougang zum Internet duerch Technologie, Richtlinnen, In-strumenter, Bildung, Fuerschung an Entwécklung méi einfach ze maachen

www.w3.org/WAI



Web usability: Jakob Nielsen's website

Vill Informatiounen iwwert d'Benotzerfrëndlechkeet vu Websäiten

www.useit.com

CF. 'Supplementary Resources' Sectioun vum SRC Portal: www.lrcnet.org

S E R V I C E R A R E S S O U R C E N

D'Servicer an d'Ressourcë vun Ärem SRC sollen de Besoine vun Äre Benotzer entsprieche a solle mat der Missioun vum SRC als e ganzt iwwertenee stëmmen. Et ass onwahrscheinlech, datt iergendeen SRC all d'Servicer oder all Typ vu Ressourcen, déi heiënnen opgezielt sinn, offréiert. Déi Servicer, déi offréiert kënnen ginn, an d'Zuel vun de Sproochen hänken of vun der Gréisst, der Lag an dem Aufgabeberäich vum SRC.

Duerch d'Aféieren, d'Schulung vun de Benotzer an d'Berodung kann den SRC méi autonom gebraucht ginn an Öffnungszäiten, déi Äre Benotzer entgéint kommen, grad esou wéi eng iwwersichtlech Katalogiséierung a Presentatioun vun de Ressourcen hëllef de Benotzer, optimal vun Äre Servicer ze profitéieren.

E Feedback vun de Benotzer a vum SRC Personal kann lech hëllef de Servicer, déi existéieren, ze verbesseren an z'adaptéieren an nei Weeër anzeschloe wéi Ären SRC sech entwéckele kann. Wann et nëmme méiglech ass, solle vrun der Aféierung vun neie Servicer all déi betrafte Persoune gefrot ginn an et soll gekuckt ginn ob de Projet duerchgefouert gi kann, wann et em eng bedäitend Entwécklung geet.

Servicer

Wat fir ee vun dëse Servicer offréiert Ären SRC?

Pädagogesch Ënnerstëtzung

- Unterrecht/ Betreien duerch Proffen
- Berodungsservice fir d'Sproocheléieren
- Ausbildung vun den Enseignanten (éiert se ufänken ze schaffen an am Beruff)
- Berufflech Weiderbildungscoursen
- Aféiere vun Ännerunge fir d'Sproocheléieren an de Sproochunterrecht ze verbesseren
- Publicatioun vu Beispiller, déi gutt fonctionnéiert hunn
- Bekanntmaache vun innovativen Praktiken
- Nei Initiativen
- Produktioun vu Ressourcen am Zentrum an Evaluatiounsmaterial
- Evaluatioun
- Bewäertung
- Certificatioun
- Ënnerstëtzung bei engem Fernstudium/beim selbstännege Léieren
- Prêt vu Ressourcen (eleng oder an Zesummenaarbecht – gemeinsame Katalog)
- Aféierung fir nei Benotzer

Informatiounsservice

- Informatiounsservice (perséinlech, iwwer Telefon, Bréif oder e-mail)
- Noschlowierker (och online ?)
- Ënnerstëtzung vun der Recherche (z.B. Bibliographien op Mooss)
- Gruppéféierungen
- Informatiounsdéngschter fir aner Organisatiounen (z.B. als EU- Informatiounspunkt oder fir kulturell Instituter)

Aner Servicer

- Verbreedden a Bekanntmaachung vu Sproocheléieren a multikulturellt Bewosstsinn
- Fuerschung an Entwécklung
- Opbau vun Netzwierker (hëlleft Partnerschaften opzebauen an erliichtert d'Zesummeschaffen tëschent verschiddenen Organisatiounen a Persounen, déi an deem Beräich schaffen)
- Servicer "à la carte" (z.B. Formatiounsséancen oder Projets-Management)
- Verkaf vu Publicatiounen (aus dem SRC oder anerer, déi interessant fir d'Benotzer sinn)?
- Eng Offer vu gesellschaftlechen oder kulturellen Aktivitéiten
- Konferenzméiglechkeeten/Raim fir Réuniounen ofzehalen
- Selwer produzéiert Toun-Opnamen
- Méiglechkeete fir ze kopéieren (fir d'Personal, Benotzer...gratis / net gratis?)

Technesch Servicer

- Lafenden Ënnerhalt a Reparatur vun allen Apparaten (an der Médiathéik, am Atelier, Erneuerung vun Entretienskontrakter)
- Ënnerhalt vu Computernetzwierker a Serveuren (Lagere vun digitale Material)
- Satelliten- (oder Kabel-) Televisioun, Empfank an Ënnerhalt
- Digitaliséierung vun Audio- a Videomaterial
- Web/Internet fir Material ze schafen
- Verbessere vum Équipement
- Berodung fir d'technesch Équipement; nei Entwécklungen an de Servicer, déi ugebuede ginn, oder fir Projetsaarbechten

Praktescht Beispill

National Board of Education, Finland

Wéi kënnen mer de gemeinsamen europäesche Kader (CEF) fir d'Sproocheléieren an de Sproochunterrecht un den nationale Léierplang (NBE-FI) adaptéieren?

Déi aktuell finnesch Léierplangreform fir Sprooche situéiert sech a folgende Kontext

- *D'Léierpläng vun haut sinn op fir lokal Noutwennegkeeten a sinn dofir flexibel gehalen*
- *Bei nationalen Ëmfroen iwwer Léierresultater a Friemsprooche gëtt ëmmer méi dacks gefuerdert, datt een Ausbildungsstandarde matenee vergläiche kann*
- *Et besteet e Besoin fir datt d'Léierpläng vun de verschiddene Schoulen an de pädagogeschen Institutiounen méi kohärent sinn*
- *Et muss eng besser Verbindung tëschent dem Cours, dem Léieren an dem Beurteele gemaach ginn, fir datt de Student méi selbstänneg léiere kann*
- *Et besteet e Besoin fir eng kloer Progression an der Sproochekompetenz vun engem Échelon op deen aneren*
- *Et besteet och e Besoin fir de Proff ze ënnerstëtzen, fir d'Schüler um Enn vun der Gesamtschoul am Kader vum momentane Léierplang richtig z'evaluieren.*

Fir all dës Erausforderungen ze meeschteren, si sech Aarbechtsgruppe fir Sproochen, déi vum Educationsministère zesumme gesat gi sinn, eens gi fir eng Skala vun de Kompetenze fir déi méttel an iewescht Klassen an

de finnesche Schoulen auszeschaffen, déi den CEF Niveau an d'Descripteurs befollegen.

Den Niveau festzeleeë war déi schwieregst a gréisst Aufgab, well d'CEF Niveauen zevill grouss si fir kleng Fortschrëtt am Sprooche-Leeschtungs niveau feststellen. Dofir war et noutwenneg, déi Niveauen, déi existéiert hunn, ze ënnerdeele fir se un d'Besoinen vun eise Schoulsystem unzepassen. Et ass och festgestallt ginn, datt deen héchste Kompetenzniveau, esou wéi en am CEF beschriwwen gëtt, seelen an der allgemenger Ausbildung erreicht gëtt.

Drei Ënnerstufe goufen am CEF Niveau A1 „Breakthrough“ agefouert. Si heeschen:

- *A1.1. First stage of elementary proficiency*
- *A1.2. Developing elementary proficiency*
- *A1.3. Functional elementary proficiency*

Den Niveau A2 Waystage ass an zwee Niveauen ënnerdeelt ginn an déi heeschen:

- *A2.1. First stage of basic proficiency;*
- *A2.2. Developing basic proficiency.*

Den Niveau B1 Threshold ass an zwou Kategorien ënnerdeelt ginn an déi heeschen:

- *B1.1. Functional basic proficiency*

**Praktescht
Beispill**

- B1.2. *Fluent basic proficiency* .

Den Niveau B2 ass och an zwou Kategorien ënnerdeelt:

- B2.1. *First stage of independent proficiency*
- B2.2. *Functional independent proficiency*.

Deen éischte Problem, dee mer hate wéi mer d'Niveaue an d'Descripteurs festgeluegt hatten, war dat d'Proffen d'Niveaue op verschidden Aart a Weis interpretéiert hunn.

Eng Rei vun Aktivitéite si gemaach gi fir de Proff an de Prozess mat anzébeziehen an zu engem eenheetleche Verständnes ze kommen. Dës Aktivitéite waren ënnert anerem: léiere wat en Descripteur ass, dem Schwierigkeetsgrad no sortéieren an d'Resultater zu zwee an zwee vergläichen. D'Resultat war eng Proposition fir d'Standard-Niveaue vun enger "gudder" Maîtrise vun de Sproochen um Enn vun der Gesamtschoul a vun den héije Klasse vum Lycée, baséiert op empiresch Donnéeën, ze definéieren.

**Praktescht
Beispill**
Centre for Innovation and Training (CINOP), Holland

De Gebrauch vum hollännesche Sproocheportfolio fir d'Beruffsausbildung an de SRCentere vum den hollännesche Berufsschoulen

D'SRCentere an den hollännesche Berufsschoulen hunn en duebelt Zil: 1) Ressourcen a Material, déi beim Sprooche léiere gebraucht ginn, zur Verfügung ze stellen an 2) e Service fir Sprooche léiere fir aner Departementer aus der Schoul unzëbieden. Mir, aus dem CINOP hunn an Zesummenaarbecht mam SLO (hollännesch Léierplang-Entwécklung) en hollännesche Sproocheportfolio fir d'Beruffsausbildung –den Dutch Language Portfolio for Vocational Education– an Zesummenhang mam "Allgemengen europäesche Referenzkader" (CEF) fir Sproochen als Deel vun deem méi groussen "Europäesche Sproocheportfolio Projet" (ELP) entwéckelt.

Duerch de Portfolio entwéckelt sech d'Bewosstsinn fir d'Besoinen an d'Fortschrëtter vun de Schüler an eng aner Aart a Weis fir de Fortschritt ze beuerteelen, dee si am ausserhalb vum pädagogesche Kontext erreicht hunn.

Wéi deen europäesche Sproocheportfolio, op deen e baséiert ass, erlaabt deen hollännesche Portfolio (DVLP) dem Schüler seng Fortschritt ze verfollegen a seng eege Sproochekompetenz an deene fënnf Kompetenzen ze bewäerten. De Portfolio gehéiert dem Schüler, dee seng eege Besoine festleet, seng Fortschritt enregistréiert a kontrolléiert ob hie seng Ziler erreicht huet. Den DVLP ëmfaasst eng Serie vun Descripteurs, déi op de gemeinsamen europäesche Referenzkader baséiert sinn a gëtt Beispiller vu praktesche Sproochsituationen, mat deenen d'Schüler sech identifizéieren kënnen an déi him hëllef sech selwer z'évaluéieren. Wa mir bei CINOP d'Beruffsschoulen an Holland ënnerstëtzen, benotze mir den DVLP fir de Schüler z'encouragéieren, sech selwer anzuschätzen an dann objektiv Tester um passenden Niveau ze maache fir seng eegen Aschätzung ze iwwerpräiwen. De Schüler kann dann seng Sproochekompetenze mam Niveau, deen um Enn vun Cours verlaangt gëtt, vergläichen. D'Diskrepanz tëschent deenen zwee erméiglecht him et säin eegenen, perséinleche Wee am

"Language Learning Monitor" (engem Instrument fir Schüler, dat vum CINOP entwéckelt ginn ass) mat der Hëllef vun engem Mentor festzëleeën. Dëst erlaabt d'Concentration op ënnerschiddlech, noutwenneg Kompetenzen an a bestëmmten Intervalle während dem Prozess kann de Fortschritt nei definéiert ginn an de Wee dohin ugepasst ginn.

Fir de Moment gëtt den DVLP an dräi hollännesche Berufsschoulen voll agesat a gëtt an 8 weidere Schoulen agefuert. Duerch dës Initiativ hoffe mir datt geschwënn dee gréissten Deel vum Sproochunterrecht an de Berufsschoulen an SRCentere ofgehale gëtt. Dofir gëtt d'Organisation vum Material an de Ressourcen an de SRCentere och mat den Niveaue vum Portfolio a vum CEF an Zesummenhang bruecht. Allgemeng ass et relativ einfach, fir Material ze codéieren no de Sproochen, de beruffleche Coursen, der Sproochekompetenz, dem Niveau an esouguer no den Descripteurs ënnert der Form vu "can-do statements". Fir dës Aufgab méi einfach fir d'Léierpersonal ze maachen huet de CINOP e Referenzkader fir berufflecht Sprooche léiere geschaf (Het Raamwerk Vreemde Talen voor het secundair beroepsonderwijs), deen eng Adaptation vum CEF ass.

Fir kleng onofhängeg Sprooche-Ressourcen-Centere, déi mam CEF schaffen, kënn et interessant sinn, d'Méiglechkeet ze ënnersichen, hiert Material esou wéi uewe beschriewen, ze iwwerpräiwen. D'Centre kënn den Europäesche Sproocheportfolio aféiere fir de Studenten ze hëllef, sech op hir individuell Besoinen ze konzentréieren, iwwert hir Fortschritt nozedenken a se ze géieren.

Den hollännesche Beruff-Portfolio, deen am September 2001 vum Europäesche Rot unerkannt ginn ass, kann ee sech online ukucken (op En an NL) ënnert www.trefpunttalen.nl (Klickt op 'taalportfolio BE', dann 'downloads', dann 'European Language Portfolio for Vocational Education - English translation for the Dutch version').

**Praktescht
Beispill**

CDI Univerzum, Center for Distance Education, Ljubljana

Innovativ Praktiken: Ännerungen aféiere fir eng Approche zu der mëndlecher Kompetenz an zu der Lieskompetenz, déi op de Student ausgeriicht ass, am Sprooche-Ressourcen-Center ze förderen

An deene leschte véier Joer hu mir gréisser Ännerungen an onsem Ressourcen-Center ageféiert, wat d'Manéier ugeet, op déi d'Studenten hir mëndlech Kompetenz an hir Lieskompetenz entwéckelen an üben. Dofir hu mir eng Approche ageféiert, déi méi op de Student ausgeriicht ass, haaptsächlech wat d'Auswiel vun de Ressourcen an de Sujeten ugeet.

Ons Studente sinn Erwuessener, déi meescht vun hinne si vollzäit beschäftegt a bilde sech weider oder ginn erëm zrëck an d'Schoul. A ville Fäll mussen si en auslännesche Sproochexamen ofleeën, fir sech fir en Diplom an engem spezialiséierte Sujet ze qualifizéieren (z.B. Ingénieur an Elektronik oder Mechanik). Wéinst dëser duebeler Belaaschtung sinn ons Studenten dacks an enger Stresssituatioun a si kënnen net regelméisseg an de Cours kommen, hu schlecht Noten oder sinn net genuch motivéiert.

Mir hunn décidéiert, vun enger 'Perspektiv vum Enseignant' op eng 'Perspektiv vum Student' ze wiesselen, fir de Studenten hir Autonomie an domat hir Motivatioun ze verbessern. Fir dat ze erreechen hu mir fir d'éischt ons Roll als Enseignanten ännere mussen. Wa mir virdrun all d'Décisiounen iwwert d'Material, d'Aktivitéiten, d'Medien, d'Stonnepläng an d'Aarbechtsmethode geholl hunn, esou konzentréiere mir ons elo op d'Auswiel, d'Produzéieren an d'Organiséiere vun de verschidde Ressourcen an hëllefen dobäi onse Studenten, méi selbstänneg ze léieren.

Et gëtt vill Manéiere fir eng Approche, déi op de Student ausgeriicht ass, an engem SRC ze förderen. Mat deenen Ännerungen, déi mir am Zesammenhang mat der mëndlecher Kompetenz an der Lieskompetenz ageféiert hunn, hate mir en aussergewöhnleche Succès:

- **Lieskompetenz:** 'Obligatorescht Liesen' ass eng Komponent vun onse Coursen. Mä amplaz onse Studente Liesmaterial ze imposéieren, offréiere mir hinnen elo e grouse Choix vu Liesmaterial, aus deem si selwer eppes eraussiche kënnen. Mir bidden eng Lëscht vun ongeféier 40 Titelen un, ënnert deene Geschichte sinn, iwwert déi e Film gedréint ginn ass oder Bicher, déi si eventuell virdrun op Slowenesch geliest hunn. D'Bicher kënnen am SRC geliest ginn oder et kann ee sech se

ausléinen. Studenten hunn d'Responsabilitéit, de gëeegenten Niveau an Inhalt auszesichen, dee si interesséiert erausfuerdert. Mir ënnerstëtze si doran, hëllefen hinnen, Objektivter als Deel vun hirem Léierprozess ze setzen a berode si, wat fir verschidde Methode si a setze kënnen, fir sech op den Deel Liesverständnes am Exame virzebereeden. Mir encouragéiere si och, den Internet ze benotze fir Liesverständnes-Exercicen a Liesübungen ze fannen.

- **Mëndlech Kompetenz:** An de mëndlechen Exame si fréier festgeluegte Sujete gestallt ginn, déi dacks ze generell waren, fir d'Studenten ze interesséieren an dofir hate si dacks schlecht Resultater. Dacks louch et net un de Studenten hirer mëndlecher Kompetenz, mä si waren net capabel, iwwert e Sujet ze schwätzen, dee si net genuch interesséiert huet. Mir hunn dës Problem iwwerwonnen, andeem mir de Studenten erlaabt hunn hir Diskussiounsujete selwer auszesichen a si doran och aktiv encouragéiert hunn. Mir hu Ressourcen iwwer vill verschidde Sujeten am SRC zesummegesat (dorënner Ressourcen, déi mir um Internet fonnt hunn) an, grad ewéi mat der Lieskompetenz, hu mir ons druginn, de Studenten ze hëllefen, d'Responsabilitéit fir hiert eegent Léieren ze iwwerhuelen. An de Coursë kritt jidder Student d'Geleeënheet, seng Meenung auszedrücken, ze verdeedegen a Meenungen an Iddie mat aneren auszetauschen.

Mir hunn d'Changementer, déi mir gemaach hunn, fir de Studenten hir mëndlech Kompetenz an hir Lieskompetenz am SRC ze entwéckelen, ganz villversprechend fonnt. Fir ons war et méi interessant mat Studenten ze schaffen, déi Sujete virbereet hunn, déi am Zesammenhang mat hirer Aarbecht oder hiren Hobbye stoungen an doduerch vill méi motivant fir si waren. Et schéngt, wéi wann d'mëndlech Examen doduerch méi 'mënschlech' gi wieren. D'Studenten hunn d'Exame manner stresseg fonnt an d'Tatsaach, datt si fäeg waren, an der Zilsprooch iwwert eppes ze schwätzen, dat mat hirem reelle Liewen ze dinn hat, huet si motivéiert. Dofir iwwerrascht et net, datt den Niveau vun hirem Wëssen an d'Resultater sech verbessert hunn.

Rotschléi

➔ **Wéi een den nationale Curriculum an Zesammenhang mat de CEF Niveaue setzt. E Standard-Modell. (finnesche Rot):**

Rotschléi

- ▶ Wielt e Grupp vun erfahrenen Enseignanten aus a stellt hinnen d'CEF Niveaue an Descriptive vir;
 - ▶ Preparéiert eng Beschreiwung vu Leeschtungskategorien, déi fir den nationale Kontext relevant sinn;
 - ▶ Haalt a Gruppenearbechten an Diskussiounen eng eenheetlech Bewäertung fest;
 - ▶ Stellt Lëschte vun der individueller an der Gruppewäertung zesummen;
 - ▶ Preparéiert eng Standard-Leeschtung, iwwerpréift a finaliséiert se;
 - ▶ Validitéiert dës Prozesser an d'Techniken, déi Dir benotzt.
- ➔ Informatiouns-a Berodungsservicer – wann Dir vill Froen iwwert datselwecht Thema hutt, wier et vläicht nëtzlech "FAQs" mat dacks gestalt Froen oder Informatiounsblieder zesummenzestellen fir Zäit ze gewannen an eng gläichbleiwend Qualitéit an den Äntwerten ze garantéieren.

Ressourcen

Format

- Wat fir vun dëse verschiddene Ressourcetype bitt Dir an Ärem SRC un?
 - **Persounen:** Enseignanten, Beroder fir Sproochen, Receptiouns- an Informatiounspersonal?
 - **Drock:** Bicher, dorënner Léiermaterial; Referenzwierker; Zäitschrëften; Zeitungen; aner Realia; Informatiounsblieder; Aarbechtsblieder; Posteren; Kaarten; Panneae mat Instruktiounen fir de Gebrauch vun der Aariichtung an dem Équipement?
 - **Video (oder DVD):** Unterrechts/Léiermaterial; didaktiséiert Videoen; Filmer (vläicht mat der Optioun d'Ënnerstitelen an der Zilsprooch ze liesen); selwer produzéiert Opnamen?
 - **Live Satellitten-oder Digitaldiffusioun:** Televisioun oder Radio (dacks fir aktuell Noriichten)?
 - **Audio (Cassette; CD-ROM):** Unterrechts/Léiermaterial; audio-aktiv komparativ Ressource fir d'Ausprooch ze trainéieren; selwer produzéiert Opnamen?
 - **Software:** Léier-Ressourcen (mat Drock/Graphik/Audio a Video-Elementer)?
 - **Online:** Web-baséiert Ressourcen (elektronesch Zeitung; online Datebanken; eegene Site; Lëschte vun Internetsadressen; de WWW)?

Inhalt

- Wat brauchen déi verschidde Benotzergruppen?
 - **Studenten (all Secteuren):** Léierressourcen, Aarbechtsblieder mat methodescher Hëllef/Uleedung iwwert Léierstrategien; Referenzbicher; Léierbicher an zousätzlecht Material; authentesch Material (z.B. Zeitungen; Spiller a Software fir Sproochen ze léieren; Dossieren/Classeuren iwwer bestëmmt Sujeten)?
 - **Enseignanten an aner Benotzer:** Léiermaterial/Léierwierker; Referenzbicher; authentesch Material, applizéiert Linguistik; Standardmethode fir de Sproochunterricht an d'Sproocheléieren; Material fir Aktivitéiten, déi iwwert de Curriculum erausginn; Examen; Legislatioun; akademesch Journalen an aner periodesch Publikatiounen; selwer produzéiert Material an der Zilsprooch?

Praktescht Beispill

Centre de Recursos de Llengües Estrangeres (CRLE), Barcelona

Ubidde vu Ressourcen a verschiddene Formater a wéi d'Enseignante se gebrauchen

D'Haaptbenotzer vun onsem Center sinn eppes geleescht hunn, mä och e staarkt Engagement, wat d'Innovatioun ugeet, matbréngen auslännesch Sproochenenseignanten aus der klassischer Educatioun an der Erwuesenbildung. Ons Personalpolitik erlaabt ons, auslännesch Sproochenenseignanten bei ons opzehuelen, wa si praktesch Erfahrung hunn an an dësem Domaine net nëmme schonn Projeten oder lokale Pilotprojeten; Formatioun vun Enseignanten oder Auteure vu Léierbicher). D'Personal vum CRLE offréiert de Professionel-

**Praktescht
Beispill**

len an deene verschiddene Friemsproochen hire Rot an hir Ënnerstëtzung, wéi zum Beispill:

- Berodung an Ënnerstëtzung bei Demande fir Subsidien, Léiermaterial, innovativ Projeten, etc., déi op Demande (an op Rendez-vous) an engem perséinleche Gespréich oder iwwer Telefon oder e-Mail ugebuede ginn;
- E Service fir audiovisuellt Material ze verléinen, deen och iwwert en online Katalog zougängelech ass (www.xtec.es/cgi/mediateca_crle);
- En aktualiséierte Site vun der Institutioun, (www.xtec.es/ctrlle), deen d'Enseignante benotze kënnen fir:
 - D'Erofluende vu Material, dat vum CRLE entworfen a publizéiert ginn ass, fir nei Praktike bekannt ze maachen oder eng nei Politik an der Educatioun ze illustréieren, wéi Beispiller a Richtlinne fir d'Educatioun an de Primär- a Secondaireschoulen an Englesch, Franséisch an Däitsch;
 - Beschreibungen an Terminer fir d'Deelhuelen u verschiddenen innovative Programmer;
 - E Katalog vun allgemenge Web-Adressen, déi nützlich si kënnen fir déi dräi Sproochen, déi am klasseschen Enseignement ënnerriicht ginn;
 - De Projet 'Internet an der Klass' (en online e-Learning mat professionellem pädagogeschen Inhalt – www.xtec.es/aulanet) deen aus Léiermaterial besteet fir Englesch am Secondaire engersäits an anerersäits an de leschte Jore vun der Primärschoul oder den éischte Jore vum Secondaire.
 - Op Demande Material dat den e-learning ënnerstëtzt a vun Enseignante oder vu professionelle Material-Designer entwéckelt ginn ass.

Mir bidden och:

- D'Bereetstelle vun Équipement (Hardware a Software) fir d'Ënnerriichte vun auslännesche Sproochen an alle staatleche Schoulen;
- D'Bereetstelle vu wictegem Material fir d'Educatioun fir déi 80 Enseignantscentren a Katalonien (d.h. dezentraliséierten Zougang);
- D'Bereetstelle vu spezifische Budgeten, déi de Schoulen hëllef sollen, innovativ Projeten duerchzeféieren;
- D'Bereetstelle vu Formatiounen, déi speziell op Enseignanten ausgeriicht sinn a Ressourcematériau a Publikatiounen fir Schoulen, déi un innovative Projeten deelhuefen.

Duerch onse Certificatiounsservice stelle mir erwuessene Studenten an enger Friemsprooch an hiren Enseignanten dës Ressourcen zur Verfügung:

- Online, interaktiv Beispiller vu fréieren offiziellen Examen fir sech eleng virzubereeden an Englesch, Franséisch an Däitsch (www.xtec.es/crle/eoi) mat Videosextrakte fir den Niveau B1 vum gemeinsame Kader vum Europarot (CEF);
- E Prêt-Service fir Beispiller vu fréieren offiziellen Examen a Katalanesch, Englesch, Franséisch, Däitsch, Italiänesch, Russesch a Spuenesch fir zwee verschidden Niveauen, B1 a B2 vum CEF.
- D'Bereetstelle vu Beispiller vun offiziellen Certificatsexamen (a Baskesch, Katalanesch, Chinesesch, Hollännesch, Englesch, Franséisch, Däitsch, Griichesesch, Italiänesch, Japanesch, Portugisesch, Russesch a Spuenesch) op zwee Niveauen, B1 a B2 vum CEF.

Verschidden Zougangsméiglechkeeten zu de Ressourcen an hir Disponibilitéit a verschiddene Formater erlaabt ons e grouesse Public ze errechen.

**Praktescht
Beispill**

Language Centre of the University of Iceland, Reykjavik

Créatioun vun Internetsäiten duerch d'Publizéiere vun de Studenten hiren Aarbechten

Am Language Centre vun der Universiteit vun Island gi fënnf Friemsproochen duerch guidéiert selbstänneg Léieren ënnerriicht: Dänesch, Englesch, Franséisch, Spuenesch an Däitsch. D'guidéiert selbstänneg Léiere besteet aus enger Réunioun vun enger Stonn pro Woch mat engem Tuteur a klenger Gruppe vu véier bis sechs Studenten. Oder awer d'Studente léieren fir sech ënner der Supervisioun vun Tutoren.

D'Studiejoer ass an zwee Semester vu jee 13 Wochen agedeelt. D'Coursé vum Hierschtsemester baséieren op enger grousser Auswiel vu Sujeten, d'Coursé vum Fréijoerssemester dogéint konzentréiert sech op zwee bis dräi

Themeberäicher, ënnert deenen d'Studenten der zwee aussichen, déi hiren eegenen Interessen entsprechen.

An der éischter Lektioon vum Semester kann ee sech orientéieren an individuell Ziler setzen. Zweek Sujete ginn zesumme mam Tuteur an de Matstudenten aus deenen zwee Themeberäicher ausgewielt. Dofir decken d'Coursen eng zéng spezialiséiert Sujeten of an all Student verbréngt ongeféier siwe Wochen Aarbecht mat engem spezifeschem Thema. D'Sujete solle wa méiglech an Zesammenhang mat dem Student sengem Heemechtsland stoen. Mir fannen et praktesch fir si, datt si mat Mammesproochler an

Praktescht Beispill

der Friemsprooch schwätze kënnen, zum Beispill wa si Touriste guidéieren, international Geschäfte ofwéckelen oder op Konferenz ginn.

Kritesch Diskussiounen an informell Exposéen iwwert ausgewielte Sujete sinn den Inhalt vun deenen nächsten zwou Lektioonen. Hei geet et drëm, d'kommunikativ Kompetenz ze vergréisseren an d'Sujeten esou ze entwéckelen, datt d'Studente capabel sinn, Resuméen ze maachen, op déi verschidde Ressourcen opmierksam ze ginn, déi si gebrauche kënnen an den Inhalt méi am Detail virzubereeden.

An der véierter, fënnefter a sechster Lektiooun geet et drëm, d'Sujete schrëftlech an engem Schreivvirgang a verschiddene Phasen ze dévoppéieren: Studente vum selwechten Niveau évaluéieren déi éischt Versioun, da gi Verbesserung gemaach an den Tuteur kritt se fir se ze évaluéieren. Et gi formell Presentatiounen zu de Sujete gemaach. An dëser Phase kënnen déi beschriwwen Aktivitéiten op Video opgehall ginn oder Mammesproochler an der Zilsprooch kënnen invitéiert gi fir matzemaachen. D'Studente produzéieren eng definitiv Versioun, déi um Internet op dem Language Centre senger Websäit Forum Islandiaa publizéiert gëtt.

Doduerch, datt d'Texter publizéiert ginn, entsteet en authentesch Forum, deen d'Studente motivéiert, op verschidde Saachen op-

zepasst, déi mat der Publikatioun vun Texter um Web zesammenhänken, wéi zum Beispill grammatesch Korrektheet, Kohärenz am Opbau, de Gebrauch vun avancéiertem Vokabulär a Verbindungswierder, de Gebrauch vu Links an den Asaz vun Dokumenter, déi visuell stimuléieren. Si kréien Input vu Mammesproochler, déi gefrot ginn, e kuerze Rapport iwwert den Artikel ze schreiwen an dee gëtt och op d'arselwechter Websäit publizéiert. Op dës Manéier ginn d'Studenten encouragéiert, regelméisseg op dës Websäit kucken ze goen an d'Evaluatiounen vun aneren an hire Léierprozess ze integréieren.

An der siwenter Woch gëtt de Student e Rapport mat enger Auto-Evaluatioun of. Et komme kritesch Diskussiounen dobäi, während deenen d'Studenten iwwert hire Léierprozess an hir Fortschreitter nodenken. Nei sproochlech Ziler gi formuléiert a gesat. Deen zweete Sujet gëtt confirméiert oder et ginn nei Sujeten ausgewielt. Dëse Prozess gëtt an der zweeter Halschent vum Cours widderholl.

Um Enn vum Cours hunn d'Studenten:

- Eng variéiert Palette vu Sproochenaktivitéiten a Prozesser gesinn, déi e selbstännegt Léieren an eng eege Reflektioun dorriwwer entwéckelen;
- E Bewosstsinn fir d'Avantagë vun der ee gener an der friemer Evaluatioun kritt;
- Gewise wéi wichteg et ass, Kuerzzäit- a Laangzäitziler ze setzen.

Rotschléi

- Encouragéiert d'Benotzer, hiert eegent Material ze produzéieren. Wann et nogeliest ginn ass, kënn Dir et op Är Lëscht vun internem Material setzen.
- Gesitt Är Benotzer och als eng Ressource un, doduerch, datt een deem anere säi Material évaluéiert, zu zwee geléiert gëtt an et esou zu engem Austausch kënn.
- Eltere kënnen duerch e Prêt-System vun authentesch Geschichtebicher hire Kaner méi Liesmaterial ubidden a selwer méi e grousst Vertrauen an hir mëndlech Kompetenzen an der Friemsprooch kréien.
- Denkt drun, datt et um Internet fräi Programmer ginn, mat deenen Dir interaktivt Material schafen an entwéckele kënn.
- Wann Dir Software kauft, kontrolléiert d'Lizenzen, fir sécher ze sinn, datt se um Réseau installéiert kënnen ginn an ob se aktualiséiert kënnen ginn, etc.
- Kuckt lech de Publikatiounshaiser hir Websäiten un, vläicht fannt Dir do gratis Ressourcen. Dacks kënnen si lech gratis Copié ginn, haaptsächlech, wann d'Benotzer Enseignante sinn.
- Vergiesst net, ze dokumentéieren, wou Äert verléinte Material ass, fir datt d'Resource séier vun engem Benotzer bei deen anere weider geleet kënnen ginn, etc.

Akaafspolitik

- Hutt Dir eng bestëmmt Akaafspolitik – wie schreift se a wéi dacks gëtt se revidéiert?
- Besteet en Zesammenhang mat der Optragsbeschreibung vum SRC, deem, wat d'Benotzer brauchen an de Raimlechkeeten, déi Dir ubitt?
 - Sinn den Ëmfang an d'Classement vun der Kollektioun affichéiert?

- Fir wéivill Sprooche musst Dir suergen an op wat fir Niveauen?
- Wéivill Copien (oder Software-Lizenzen) braucht Dir fir jidder Ressource?
- Besteet eng gutt Kommunikatioun mam Léierpersonal fir sécher ze sinn, datt Är Reserve vu Ressourcen, déi si hire Studenten uginn, grouss genuch ass?
- ☐ Kënnen d'Benotzer en Abléck an Är Akaafspolitik kréien – wa jo, wéi/wou?
 - Kënne si e Kommentar dozou ginn/ Suggestiounen maache fir nei Uschafungen?
- ☐ Wat maacht Dir fir informéiert ze sinn, wat et um Maart gëtt ?
 - Hutt Dir regelméisseg Kontakter mat Publikatiounshaiser/ Materialproduzenten – sidd Dir op hire Mailing-Lëschte fir regelméisseg Informatiounen iwwert nei Ressourcen ze kréien ?
 - Wéi fannt Dir géeege Ressourcen fir manner geléiert an ënnerriichte Sproochen (LWULT) oder Sproochen, déi nëmmen a kleng Communautéiten gebraucht ginn – hutt Dir dru geduecht, Ambassaden oder aner kulturell Organisatiounen unzeschwätzen, an um Internet no Ressourcen ze sichen ?

E Rot

➔ Gebraucht e Questionnaire fir Äre Benotzer hir Suggestiounen fir nei Uschafungen ze sammelen.

Katalogiséieren

- ☐ Kënnst Dir Är Ressourcë mat deene Katalogiséierungs- a Klassifizierungssystemer, déi Dir am Moment benotzt, op eng efficace Manéier katalogiséieren a klassifizéieren ?
- ☐ Wie kann Äre Katalog consultéieren : d'Personal, déi normal Benotzer, potentiell Benotzer ?
- ☐ Wéi kann Äre Katalog consultéiert ginn?
 - Gëtt et en als Drock/online (ëffentlech oder nëmme mat Passwuert accessibel)?
 - Hutt Dir gebraucherfrëndlech, awer detailléiert genuch Instruktiounen fir de Gebrauch vum Katalog fir d'Benotzer an d'Personal?
- ☐ Entsprechen Äre Katalog an Äre Katalogiséiersystem Ärer Akaafspolitik?
- ☐ Wann Dir drun denkt eppes ze änneren, hutt Dir lech aner Systemer an Thesauri ugekuckt?
- ☐ Sollen Är Opname MARC-kompatibel sinn (fir de Gebrauch vum engem gemeinsame Katalog) oder si se nëmme fir Äert Personal an Är Benotzer geduecht ?
- ☐ Erlaabt Äre Katalog lech, ze dokumentéieren, wéivill Exemplaren zur Verfügung stinn, wou se stinn, oder de Moment verléint sinn, etc ?

Praktescht Beispill

European Centre for Modern Languages (ECML) of the Council of Europe, Graz, Éisterräich

Schrëtt a Richtung vun engem neie Bibliothéikmanagement-System mat engem méiglechen online-Katalog fir den Dokumentatiouns- a Ressourcen-center vum ECML

D'Bibliothéik vum ECML enthält de Moment 3800 Dokumenter. Zënter 1995 huet den Dokumentatiouns-a Ressourcen-center eng Datebank benotzt, déi keen online Zougrëff op säi Katalog erlaabt huet. 2001 huet den ECML decidéiert, den aktuelle System duerch e modernen an effiziente System ze ersetze fir:

- 24 Stonnen accessibel ze sinn an traditionell an elektronesch ECML Ressourcen u Spezialisten an aner interesséiert Benotzer ze verschécken;
- allen elementaren Ufuerderunge fir eng Automatiséierung vun der Bibliothéik ze entsprechen-(bei Uschafungen, Katalogiséieren, Sichen, Verbreedung, Archivéieren, Rapporten a Statistiken, WebOPAC).

An engem éischte Schrëtt huet den Dokumen-

tatiouns-a Ressourcen-center aktuell a méiglech zukënfteg Besoine vum ECML analyséiert an definéiert, wien un dësem Projet bedeelegt ass.

D'Analys vun de Besoinen huet d'allgemeng Organisatioun an d'Aktivitéiten vun der Organisatioun (als Site vum Europäesche Rot) berücksichtegt; d'Infrastruktur, déi scho besteet; Ressourcen, déi schon accessibel sinn; Schwierigkeeten, déi op deene verschidde Niveauen opgedaucht sinn; Erwaardungen.

Fir d'aktuell Situatioun ze analyséieren, si mir esou virgaang:

- Mir hunn Interviewe mat wichtige Membere vum Personal vum ECML an dem Europarot gemaach;

**Praktescht
Beispill**

- Mir sinn op d'Ausstellung vun der Éister-räichescher Bibliothéiksassociatioun gaang, déi all Joer ofgehal gëtt;
- Mir hunn un Informatiounsversammlungen iwwert déi lescht Entwécklungen a Bibliothéiks-Software deelgeholl, déi vun engem lokale Fournisseur organiséiert goufen;
- Mir hu wichteg Informatiounen iwwert Bibliothéiks-Systemer an hir Fournisseure gesammelt.

Dës Schrëtt hunn ons erlaabt, méi e fundéiert Wëssen ze kréien, wat déi aktuell a potentiell Software ze bidden huet.

Funktionell, technesch (multi-tasking, multi-processing a multiscript, multi-location, méisproocheg Environnement, Technologie, Hardware, Sécherheet) Ufuerderungen un d'Standardisatioun si fir den 'appel d'offre' als 'obligatoresch' oder 'optional' definéiert an agedeelt ginn.

- Den 'appel d'offre' ass u véierzéng verschidde Fournisseuren a ganz Europa verschéckt ginn (haaptsächlech an England, Däitschland a Frankräich). Dovun hunn ons der aacht eng méi oder manner detailléiert Offer eraginn.
- Komparativ Tableaun hunn dem Center erméiglecht, z'evaluieren ob dat, wat

am 'appel d'offre' festgeluegt ginn ass mat den Offeren iwwerteneestëmmt.

- D'Präisser waren op Basis vun der Gréisst vun der Collectioun an de verschidde Niveauen an der Zuel vun de Benotzerlizenzen.

De System, deen ausgewielt ginn ass, verschafft ons déi bescht a bëllegst Software, dee mir fanne konnten. E gëtt vill gebraucht (ënner anerem vum Europarot) an entsprécht all onsen Ufuerderungen. En ass och flexibel genuch ouni gréisser Spezialpassungen, déi zu Problemer beim Upgrade féiere kënten. All néideg Standardfunktione sinn dran a kënnen och nach ausgebaut ginn. D'Gesellschaft hat eng kloer Virstellung vun deem, wat néideg war fir de Projet mat Erfolleg auszuféieren. Ausserdeem kann den ECML vun der Expertise an der Ënnerstützung vun der Haaptbibliothéik vum Europarot profitéieren.

Déi nächst Schrëtt (2002-2003) gesinn eng Dateconversioun vir, en neit Indexéieren nom Thesaurus fir d'europäesch Educatioun vum Europarot (obwuel deen neie System den hausinternen Index vum ECML ënnerstëtzt), d'Adaptatioun vum Benotzer-Interface, d'Promotioun vum Katalog a Brauchbarkeetstester.

**Praktescht
Beispill**
CILT, Centre for Information on Language Teaching and Research, London
De CILT Katalog online installéieren

Wéi dem CILT säi Katalog 1996 vu Kaarten op de Computer ëmgestallt gouf, ass schonn als nächste Schrëtt envisagéiert ginn, an och online accessibel ze maachen. Mir hu gehofft, dass dat fir d'Benotzer a ganz England - an och vu méi wäit ewech - en nützlich Instrument bidde kënn, fir Bibliographien opzestellen. Si kënnen et gebrauchen, fir u Ressourcen a Material ze kommen, och wa si net d'Méiglechkeet hätten, selwer an d'Bibliothéik ze kommen.

D'Conversioun vun onsen Daten, ënnert deenen heiansdo obskur Publikatiounen waren, an onsem Material a verschidde Formater war schwéier, wann d'Standardprozedur fir se mat enger ISDN ze verbannen net méiglech war. Mir hate weder d'Personal, nach d'Ariichtung fir dëst bei ons ze maachen an d'Gesellschaft mat där mir e Kontrakt haten, fir d'Daten ze convertéieren hat och kee qualifizéiert Personal fir dës Informatiounen a verschidde Sproochen ëmzesetzen. E weidere Problem war d'Daten a Felder vun enger festgeluegter Längt anzeginn an esou sinn d'Informatiounen a verschidde Fäll zevill gekierzt ginn. Dës Ongenauegkeeten am Katalog kënnen eengermoossen opgefaang ginn, wa Personal

do ass, fir dem Benotzer ze hëlfe. Dës Hëllef steet engem Benotzer vum online Katalog, dee wäit ewech ass, net op déiselwecht Manéier zur Verfügung.

D'Décisioun, wat fir en OPAC fir de Katalog sollt gebraucht ginn, war séier geholl. Mir hu séier erausfonnt, datt d'Katalogiséiersystemer an d'OPAC generell aneneen integréiert waren. Eng aner Marque vun OPAC ze benotzen, wéi déi, déi fir onse Katalogiséiersystem entwéckelt gi war, wier beschwéierlech an deier gewiescht. Well de Katalogiséiersystem, dee mir benotzt hunn, am Ufank kee Web OPAC hat, hate mir ee Moment dru geduecht, mat engem anere Katalogiséiersystem erëm vu vir unzefänken. Dat war awer glécklecherweis net néideg.

Wéi mir de Web OPAC, dee mir benotze sollten a seng Capacitéite bis kannen hunn, konnten mir mat der Virbereedungsarbeit ufänken, éier mir online gaang sinn.

Dëst waren:

- Allgemeng Verbesserung vun den Daten, zum Beispill beschreiw wou d'Saache stinn, d'Publikatiounsdatumer op enger anerer Plaz aginn, well si dacks an en

Praktescht Beispill

gem falsche Feld stoungen :

- *Dëst war eng gréisser Aarbecht, déi virun allem wichteg war, fir datt ons Benotzer, déi net op der Plaz sinn, besser vum Katalog profitéiere kënnen;*
- *Notize fir de Gebrauch vum Katalog schreiwen:*
 - *Éier mir mat dëser Aarbecht ufänke konnten, war et wichteg, déi praktesch Capacitéite vum Katalog genee ze kennen. Fir onse Benotzer op déi bescht Manéier ze hëllefen, wollte mir net nëmme kloer Instruktiounen ginn, mä Beispiller ginn, déi sech op*

ons Benotzer bezéien an net déi vun der Softwaregesellschaft;

- *Eng Säit entwéckelen, fir de Katalog an de CILT -Site ze integréieren:*
 - *Dëst war e wichtige Punkt fir ons an eng wichteg Fro am Ufank, wann Ären SRC Deel vun enger grousser Organisatioun ass. Mir hunn dëst an Zesummenaarbecht mat onsem Webmaster gemaach.*

Vum positive Feedback hier dee mir kritt hunn, si mir sécher, datt et derwäert war, dësen Effort ze maachen.

Rotschléi

- ➔ Wann Dir e Web OPAC auswielt, kuckt no dësen Aspekter:
 - ▶ D'Méiglechkeet den Text individuell ze adaptéieren;
 - ▶ En Interface, dee gutt ausgesäit a licht ze verstoen ass;
 - ▶ Recherche an all Feld, dat eng wichteg Informatioun enthält, d.h. net nëmmen den Auteur, Titel, Sujet ;
 - ▶ Simultan Recherche a méi wéi engem Feld;
 - ▶ D'Méiglechkeet eppes ze sélectionéieren an auszeprinten.
- ➔ Haalt lech léiwer u Systemer, déi schon existéieren an un Experten am Domaine, wéi datt Dir probéiert, 'd'Rad nei ze erfannen'.
- ➔ D'Erneuerung vum Ressourcекatalog ass eng gutt Geleeënheet all Systemer, déi domat zesammenhänken nozekucken (wat kann automatiséiert ginn, wat kann ewechgelooss ginn...).

Presentatioun vun de Ressourcen

- ❑ Wéi kritt de Benotzer Zougang zu Äre Ressourcen?
 - Hutt Dir gutt iwuerluecht, wou begrenzten a fräien Zougang néideg ass, d.h. hunn Är Benotzer fräien Zougang zu alle Ressourcen oder ginn et der, zou deenen aus Sécherheetsgrënn nëmmen d'Personal Zougang huet?
- ❑ Sinn d'Ressourcë no Sujet, Sprooch, Niveau oder engem anere System affichéiert oder klasséiert?
- ❑ Ginn Är Ressourcen esou wäit wéi méiglech op eng Manéier presentéiert, datt si dem Benotzer seng Autonomie encouragéieren (fräien Zougang, liicht ze verstoen, uspriecheden Affichage)?

Praktescht Beispill

Centre de Langues Luxembourg, Lëtzebuerg

Ressourcen a verschiddene Sprooche verwalten: Organisatioun a Presentatioun vu Material an aacht Sproochen an engem Ressourcencenter mat fräiem Zougang

Lëtzebuerg ass e méisproochegt Land, an deem et méi wéi 100 Nationalitéite gëtt; déi Eenheemesch beherrsche gewéinlech déi dräi offiziell Sproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch) an hu Grondkenntnisser an enger anerer Friemsprooch wéi z.B. Englesch, Spuenesch, Italienesch oder Portugisesch.

Ons Schoul gëtt däitlech d'Sproochevillfalt vum Land erëm: d'Studenten hunn all e ganz verschiddenen Hannergrond a kommen aus der ganzer Welt. D'Léiermaterial an d'Ressourcë mussen dofir variéiert sinn an esou

wuel exigente Studenten, falschen Ufänger, wéi och richtigegen Ufänger gerecht ginn, vun deene munnecher en nidderegen Niveau am Schreiwen a Liesen hunn.

An onser Mediathék fannen d'Studente Léierressourcen an aacht Sproochen: Franséisch, Däitsch, Englesch, Lëtzebuergesch, Hollännesch, Italienesch, Spuenesch a Portugisesch.

Allgemeng Informatiounen, Instruktiounen a Grondregele sinn an dräi Sprooche geschriwwen an affichéiert. Well mir ons fir d'Orien-



Praktescht Beispill	<p><i>téierung net nëmmen op déi geschriwwe Form verlosse wollten, hu mir d'Klassifikatioun vun onsem Material och nach mat Faarwen a Symboler illustréiert.</i></p> <ul style="list-style-type: none"> ● <i>All Sprooch huet eng bestëmmt Faarf. Rosa ass zum Beispill d'Faarf fir all englesch Formularen, Aarbechtsblieder, Kassetten a CD-Deckelen, etc</i> ● <i>An all Sprooch ass d'Material esou klaséiert:</i> <ul style="list-style-type: none"> ⦿ <i>no Niveau (Ufänger = roude Punkt; Intermédiaire = giele Punkt; Avancéiert = bloe Punkt);</i> ⦿ <i>no Kompetenz (jiddler Kompetenz huet e bestëmmt Symbol).</i> <p><i>Op engem grouse Panneau an der Entrée</i></p>	<p><i>ass d'allgemeng Klassifikatioun affichéiert.</i></p> <p><i>D'Lëscht vum Material, dat een am Ressourcen-Center fënnt:</i></p> <ul style="list-style-type: none"> ● <i>Authentescht Material.</i> <ul style="list-style-type: none"> ⦿ <i>Zäitschrëften, Zeitungen, Romaner, Bandes dessinées, Spiller, Lidder, Filmer an Documentairen;</i> ● <i>Publizéiert Material fir Sproochen ze léieren:</i> <ul style="list-style-type: none"> ⦿ <i>Léierbicher, Dictionnairen, Audio-a Videokassetten, Cden, CD-ROMen, Bicher an Tounbänner fir spezifesch Léierziler;</i> ● <i>Speziell produzéiert Material:</i> <ul style="list-style-type: none"> ⦿ <i>Aarbechtsblieder fir selbstänneg Léieren;</i> ⦿ <i>Tester</i>
----------------------------	--	---

Verbreedung a Promotioun vu Sproocheléieren a multikulturellem Bewosstsinn

Wat fir eng Roll kann Ären SRC an der Verbreedung an an der Promotioun spillen, a fir wien?

- *Kënnt Dir als regelméissege Bestanddeel vun Ärer Aarbecht, mathëllefen, e multikulturellt Bewosstsinn an Ären Aktivitéiten a Resultater vu Projeten, Associatiounen a kulturell interesséierte Gruppen, déi an de Beräicher vum Sproochenenseignement a Sproocheléieren aktiv sinn, ze förderen?*
- *Kënnt Dir Är Positioun als 'Mëttelpunkt' vun engem Netzwerk (och wann et kleng ass) notzen, fir interesséiert Leit iwwert deenen aneren hir Aktivitéiten a Bedeelegungsméiglechkeeten ze informéieren a fir beim Opbau vu Synergien a Partnerschaften matzehëllefen?*

Praktescht Beispill	<p>University of Malta Language Center, Malta</p> <p><i>Promotioun vu multikulturellem Bewosstsinn duerch Sproocheléieren</i></p>	
	<p><i>Well d'Kultur iwwerall ass, gétt de Sproochestudent benodelegt, wann de Sproochenenseignant net genuch Bewosstsinn, Wëssen a Fäegkeeten huet, fir déi verschidde Kulturen an de Kontext vum Sproocheléieren anzubannen. Dofir wëllt onsen SRC d'Aarbecht encouragéieren am Domaine vun:</i></p> <ul style="list-style-type: none"> ● <i>den Attitudë vun den Enseignanten an de Studente vis-à-vis vun de verschiddene Sproochen a Kulturen, déi si verrieden;</i> ● <i>de Sproocheproblemer vun deenen déi net an hirer Mammesprooch schwätzen;</i> ● <i>d'Formatiounsbedürfnisser, déi vun de Stagiären an dem etabléierten Enseignant festgestallt ginn;</i> ● <i>d'Qualitéiten, déi den Enseignanten hir Meenung no feelen, déi si awer fir essentiell halen, fir e multikulturellt Bewosstsinn ze förderen;</i> ● <i>d'Förderung vun Diversitéit am Sproochunterrecht.</i> 	<p><i>Den Afloss vun der Kultur beim Sproocheléieren kann negativ oder positiv sinn. Wann en negativ ass, kann en zu enger Konfliktquell ginn a kann trennen. Wann e positiv ass, kann en eng Ressource fir d'Sproocheléiere sinn. Onsen SRC beméit sech, de Sproochenenseignanten géeegent Arichtungen, Ressourcen a Quellematerial ze bidden, fir en oppent Klima am Klassenzëmmer ze förderen, an deem verschidde Kulturen unerkannt a respektéiert ginn. Dëst erlaabt de Studenten an encouragéiert se doran, hir eege Methoden auszesichen, fir hir Léierresultater matzedeelen. Dëst gétt mat mëndlechen Aufgaben, mat Diskussiounen iwwert vill verschidde Sujeten an duerch schrëftlech Aufgaben, an deenen d'Studenten encouragéiert ginn, offen iwwert hir Ziler ze schreiwen. Verschidde Sproocheressource-Projeten, déi vum Center zur Verfügung gestallt ginn, förderen e kooperativt Léieren, d'Schaffen a klenge Gruppen an d'Ëmgoe mat Quellematerial aus verschiddene Kulturen.</i></p>

Praktescht Beispill	<p>In-service Teacher Training Centre for Methodology and Information (PTMIK), Vescprem, Ungarn</p> <p><i>E gréissert kulturellt Bewosstsinn schafen duerch interkulturell orientéiert Événementer am Sprooche-Ressourcen-Center</i></p>	
	<p><i>Mir hunn erausfonnt, datt d'Organiséiere vun interkulturellen Événementer iwwert e spezi-</i></p>	<p><i>fescht Thema eng vun de beschte Manéieren ass, d'Studenten fir interkulturell Su-</i></p>

**Praktescht
Beispill**

jeten ze interesséieren a se motivéieren, Sproochen ze léieren. Niewent der Aarbecht an der Schoul hate mir e grouss Succès mat Concoursen iwwert verschidden interkulturell Sujeten. Onst Lieblingsthema ass 'Fester', well si zu onsem Alldag gehéieren a jidder Kultur Feieren, Fester a Feierdeeg fir allméiglech Geleeënheeten huet. Dëst erlaabt de Studenten et, verschidde Kulture mateneen ze vergläichen an domat gétt hiert kulturellt Bewosstsinn instinktiv ugesprach. Concourse bannen op eng positiv Manéier net nëmmen d'Kanner, mä och d'Enseignanten an dacks och d'Eltere mat an, wat eng gutt Method ass, fir de Krees vun de Benotzer ze vergréisseren.

Mir sinn iwwerzeegt, datt et wichteg ass, d'Studenten op eng spilleresch a motivant Manéier an 'd'Welt vun der Competitioun' anzeféieren. Dofir ass e Concours a Konscht a Bastelen dacks déi gëeegenst Zort vu Concours fir Schüler aus der Primärschoul. Normalerweis froe mir si, fir eng Zeechnung oder e Poster z.B. iwwert e Brauch oder eng Traditioun aus der Kultur vun der Zilsprooch ze maachen. Dat garantéiert net nëmmen eng flott a kreativ Aarbecht, mä verlaangt och e Minimum vu Recherche vun der Säit vum Schüler. Fir Schüler aus de leschte Jore vun der Primärschoul oder den éischte Jore vum Lycée ginn no an no méi anspruchsvoll Aufgabe gestallt, wéi z.B. Iwwersetzungen, Liesen, Aufsatzschreiwien, Aarbechtsprojeten oder Quizzen.

Bei der Organisatioun vun esou engem Événement, musse mir villes berücksichtegen. Wa mir décidéiert hunn, e Molconcours ze organiséieren, musse mir och dofir suergen, datt mir e gëeegente Raum hunn, fir d'Zeechnungen auszustellen, esou datt déi meescht Leit, déi an den Center kommen, se och gesinn. D'Visiteure kënnen och gefrot ginn, hire Lieblingsbiller eng Stëmm ze ginn an op déi Manéier kënnen déi bescht Baitreeg ausgewielt ginn.

Fir ons ass d'Schoul dee beschte Wee, fir en Événement fir Kanner unzekënnegen. Nodeem mir de Concours ugekënnegt hunn, musse mir sécher sinn, datt genuch Zäit bleift fir:

- D'Eraschécke vun de Participatiounen (Délaie vun der Post mat arechnen);
- D'Auswiel vun de beschte Baitreeg;
- D'Invitatioun un all déi, déi matgemaach hunn, op eng Präisiwwerrechung.

An onsem Fall sinn dat véier bis fënnf Wochen, esou datt zum Beispill e Concours fir Chrëschttag scho Métt November annonciéiert gi muss.

Onser Erfahrung no ass déi flottst Form vu Präisiwwerrechung eng 'Party' fir déi bescht, déi matgemaach hunn, ze organiséieren. Do kënnen si d'Organisateuren a sech ënnereene kenne léieren, u Spiller, Concoursen an aner Aktivitéiten deelhuele an esou méi iwwert dee gestallte Sujet gewuer ginn. Wat

fir eng Animatioun mir de Studenten op dëser Party ubidden, hängt vun hirer Zuel an hirem Alter of. Hei d'Beispill vum Chrëschttagsconcours:

- Wa mir Schüler aus deenen éischte Jore vun der Primärschoul invitéieren, loosse mir si normalerweis Chrëschttagsslidder lauschteren a matsangen, molen, Chrëschttagsspieler maachen oder eppes bastelen. Dës Zilgrupp léiert nëmmen eng Sprooch an der Schoul, dofir benotze mir dës Zilsprooch an d'Enseignanten, déi hir Schüler begleeden, sinn dacks eng grouss Hëllef.
- Wa mir Schüler aus deene leschte Jore vun der Primärschoul oder aus dem Lycée invitéieren, gi mir hinne méi komplex (awer trotzdem flott) Aufgaben. Bei dësen Aufgabe gebrauchen d'Schüler déi zwou Sproochen, déi si an der Schoul léieren (zum Beispill Englesch an Däitsch) a si ginn och duerch aner nei Sproochen 'erausgefuerdert'. D'Aufgabe baséieren op interkulturellem Wëssen an Erfahrungen. D'Schüler kënnen hir eegen Traditiounen mat deene vun der Zilsprooch vergläichen, iwwer rezent Événementen nodenken, iwwert hiert Liewen an hir Interessen diskutéieren, iwwert Erlebnisser aus der Vakanz schwätzen etc. mat Hëllef vun Aktivitéiten wéi Theaterpillen, Quizzer, Liesverständnes oder schrëftlech Aufgaben, am Internet surfen, d'Organiséiere vu spontanen Ausstellungen, fir déi si d'Ressourcë vum SRC benotzen asw.

D'optimal Zuel vu Studenten, déi deelhuele, schéngt bei 30-35 ze leien, ofhängeg vun der Gréisst vum Raum, an deem d'Party ass a vun der Zuel vun den Organisateuren an de Leit, déi zur Verfügung sti fir ze hëllefen. D'Party muss net laang daueren. Eng Längt vun 90 bis 120 Minutten, an deenen och d'Präisiwwerrechung an d'Ubidde vu Klenggekeete fir z'iessen a Gedrénks dra sinn, schéngt ons optimal ze sinn.

D'Präisser kënnen verschidde sinn, dat ass ofhängeg vun de Ressourcen, déi zur Verfügung stinn. Mir hu scho Memberskaarten, Bicher, Posteren, Kaarten, Schreifgeschir offréiert. Gewéinlech kréie mir och kleng Präisser vun engem Buchverlag, wéi Bicher, Bicher fir verschidden Niveauen, Posteren, Autocollanten, a Badgen. Heiansdo kann e Sponsor sech méi wäertvoll Präisser leeschten, wéi CDen, kuerz Studienopenthalter oder Sproohecoursé sinn eng Méiglechkeet, virun allem fir méi al Schüler an als Unerkennung fir eng aussergewéinlech Leeschtung fir een, dee schon e puer Joer laang matmécht.

Esou Manifestatiounen sinn natierlech eng gutt Geleeënheet fir Reklamme fir sech selwer ze maachen, dofir soll och d'Press invitéiert ginn, an an den Invitatiounen kann een Informatiounen liwweren iwwer de Sujet an iwwer de Sprooche-Ressourcen-Center.

Nei Servicer ubidden

- Ginn déi hei beschriwwen Servicer bei Iech nach net ugebueden? Hutt Dir d'Méiglechkeet se ouni weider Problemer unzebidden? Kënnen är Clienten (oder potentiell nei Clienten) dovu profitéieren?
- Kënnt Dir d'Servicer, déi Dir bis elo ugebueden hutt, weider ausdehnen doduerch dass
 - nei Sproochen derbäikommen
 - Modulë fir distance-learning oder Internet-Ressourcen agefouert ginn
 - Dir ären Center fir nei Interessenten opmaacht an Zesummenaarbecht mat Éditeuren/Journalisten/Associatiounen oder aner Institutiounen
 - Dir eng enk Zesummenaarbecht mat aneren SRCen déi nobäi sinn oder mat SRCen déi a verschidde Gebidder spezialiséiert sinn, ustriert

E Rot

➔ Iwwerdenkt d'Servicer an d'Ressourcen déi Dir schonn ubitt, ier Dir investéiert fir ären SRC weider auszudehnen.

Interessant Adressen

-  **American Library Association**
Komparativ Analyse vu verschiddene Bibliothék-Logicielen
www.ala.org
-  **CIEL Language Support Network**
Ënnerstëtzt selbstänneg Sproocheléieren
CIEL Guiden déi een erofuede kann – praktesch Uleedunge fir selbstänneg Sproocheléieren an e klasscheschen Unterrecht an engem institutionelle Kontext anzebannen:
Guide 3 – Ressourcë fir selbstänneg Sproocheléieren: Entworf a Gebrauch
Guide 5 – Ënnerstëtzung vu selbstännegem Sproocheléieren: Materialie fir Schüler a Proffen
<http://ciel.lang.soton.ac.uk>
-  **De Gemeinsamen Europäesche Referenz-Kader fir Sproochen: Léieren, Ënnerriichten, Bewäerten**
De Referenz-Kader beschreift an enger verständlecher Aart a Weis:
 - ▶ d'Kompetenzen déi ee muss hu fir ze kommunizéieren
 - ▶ d'Wëssen an d'Kënnen, dat domat verbonnen ass
 - ▶ d'Kommunikatioussituatiounen- a Beräicher
 En erliichtert eng kloer Definitiouen vun de Léierobjektiven a Methoden a bréngt dat néidegt Material fir d'Bewäerte vun de Leeschtungen (Fäerdegkeeten)
www.coe.int/T/E/Cultural_Co-operation/education/Languages/Language_Policy/Common_Framework_of_Reference/default.asp#TopOfPage
-  **EBLUL – European Bureau for lesser used languages**
www.eblul.org
-  **Sprooche Portfolio**
Den Europäesche Sprooche Portfolio ass en Dokument an dem all déi déi eng Sprooch léieren oder geléiert hunn – sief et an der Schoul oder ausserhalb der Schoul – hir Fortschreter beim Léieren an hir kulturell Experienze festhalen an driwwer nodenke kënnen.
<http://culture.coe.int/portafolio>
-  **Lingua Katalog**
En online Katalog vu Materialie fir d'Léieren vun enger Sprooch déi mat Hëllef vun der Socrates-Lingua-Aktioun produzéiert goufen
http://europa.eu.int/comm/education/socrates/lingua/catalogue/home_en.htm
-  **Lingu@net Europa**
E méisproochege Ressourcen-Center fir de Sproochenunterrecht an d'Sproocheléieren ze ënnerstëtzen. Den Center informéiert a gëtt Adressen iwwer qualitëtsbewusst online Ressourcen aus Europa an der ganzer Welt am Zesammenhang mat dem Ënnerriichten an dem Léiere vu modernen auslännesche Sproochen.
www.linguanet-europa.org

Interessant Adressen

-  **MARC cataloguing**
Verstoe wéi a bibliografesche Katalog ka vun enger Maschinn geliest ginn
<http://lcweb.loc.gov/marc/umb/umbhome.html>
-  **TESOL Arabia Learner Independence Special Interest Group**
Haaptcritère fir d'Auswiele vun IL/ILC Materialien.
<http://ilearn.20m.com>
*Nach weider Ressource fannt Dir op dem **SRC Portal: www.lrcnet.org** ënnert der Rubrik 'Supplementary resources'*

ARIICHTUNG

Wann een en SRC nei opbaut oder iwwerdenkt, kann een duerch präzis Plangen dat Beschta aus de Raimlechkeeten, de Miwwelen an dem Équipement erauszéien. Déi Donnéeë soll een och berücksichtegen, wann een drun denkt en SRC auszebauen, sief et fir nei Clienten unzezéien, sief et fir nei Servicer unzebidden. Wann ee virsiichteg plangt, kann een och um leschte Stand vun der technologescher Entwécklung bleiwen, wat eng grouss Erausforderung fir en SRC ass.

D'Ariichtung ass en Domaine wou ee vill bäléiere kann duerch d'Experienz oder d'Feeler vun aneren Centren. McCall a Gardner, Miller a Riley presentéiere Plange vu physeschen Ariichtungen a ginn eng Rei vu praktesche Rotschléi an Uleedungen. CERCLES stellt an all Publikatioun en aneren SRC vir, komplett mam Plang a mat der Beschreiwung vun de Servicer. An deene meeschten Artikelen gëtt virgeschloen, mat Responsabele vun SRCen ze schwätzen a souvill Centrë kucken ze goe wéi méiglech, ier ee säin eegenen Center opbaut, nei Servicer ubitt oder nei Équipement uschaaft.

Wann ee Miwwelen an Équipement an engem SRC opstellt, soll ee praktesch denken an dobäi de Confort an d'Sécherheet net vergiessen. Wa méiglech, soll een d'Miwwelen an den Équipement zesummen uschaffen, well déi zwee sech géigesäiteg beaflossen duerch hiren Design an hir Opstellung.

Raimlechkeeten

Geographesch Lag/Plazandeelung

- Wou ass ären SRC – geographesch gesinn (am Zentrum oder um Rand vun der Stat) an och am Gebai (an en Departement ageglidert oder onofhängeg)?
 - Wéivill kann um Raum geännert ginn (Form/Andeelung/Faarwen)?
 - Ass genuch Plaz fir den Center auszedehnen?
- Hutt Dir e Plang vun ärem SRC (mat de genaue Moossen)?
- Sinn den Design an d'Atmosphère sou, dass ären SRC d'Kommunikatioun fördert an an engems e rouegen, perséinleche Studium erméiglecht?
- Hutt Dir beduecht wéi een d'selbstännegt Léieren duerch d'Raumandeelung kann ënnerstëtzen a fördern?
- Hutt Dir de sozialen Aspekt/dem Client säi Besoin fir Interaktioun berücksichtegt?
- Ass d'Atmosphère frëndlech?
- Wat fir „Departementer“ sinn noutwenneg/wëschenswäert an ärem SRC:
 - liicht zougänglech Regaler wou ee sech selwer bedénge kann, roueg Léierplazen a Liesecken
 - Plaz fir d'Computeren an d'audio-visuellt Material
 - Plaz fir „haart“ ze schwätzen
 - bequem Sätzgeleeënheet fir informell Gespréicher
 - Receptioun/Informatioun/Comptoir wou ee ka Material ausléinen
 - Comptoir wou ee berode gëtt a Froe stelle kann
 - Plaz fir Ressourcen auszustellen/Bibliothék
 - Stänner fir Brochuren/Tableauë fir Notizen

- Sall fir Konferenzen
 - kleng Säll fir Tutorat/Versammlungssäll
 - Sproochelabo
 - Iwwersetzungskabinen
 - Büroë fir d'Personal
 - Plaz fir z'archivéieren
 - Eck fir d'Photokopiesmaschinn
 - Plaz fir Material auszeschaffen
 - Tounstudio
 - Gedränkseck
 - Plaz fir dem Client seng perséinlech Saachen (Mantel/Posch/Prabbeli)
 - Toiletten
- Hutt Dir un dës Aspekter geduecht (am Sënn vun enger praktescher, confortabeler a sécherer Plazandeelung)?
- Plaz déi ee brauch pro Student
 - Plaz tëschent de Miwwele fir sech kënnen fräi ze bewegen
 - Besoinen vun den Handicapéierten
 - Beliichtung (Problem vun de Luuchten oder Fënsteren déi sech an de Schiermer spigelen)
 - Faarfschema
 - Temperatur (d'Hëtzt déi vum Équipement ausgeet, matagerechent)
 - Geräischer déi stéiere kéinten
 - Zuel a Plaz vun de Steckdousen/Connectiounen fir de Réseau an den Telefon (dem Client säi Laptop mat agerechent)
 - Plaz fir de Serveur an de Câblage
 - Uschloss fir Satellitenantenn
 - Telefon/Komputeruschlëss
 - Plaz fir ze stockéieren (Ressourcen/Équipementer/perséinlech Saache vun de Studenten)
 - Plaz fir auszustellen

Praktescht Beispill

Centre de Langues Luxembourg (CLL), Lëtzebuerg

Vun enger Bibliothéik zu engem Self-Access Center: aus enger traditioneller Schoulbibliothéik e moderne multimediale Sproocheléiercenter maachen

De Centre de Langues Luxembourg (CLL) ass eng staatlech Sproocheschoul fir Erwuessener déi vum lëtzebuurger Educationministère ofhänkt.

Den Embryo vun deem wat haut de Ressourcen-Center vun CLL ginn ass, war eng kleng Bibliothéik déi um zweete Stack vun deem Gebai louch (et kéint ee bal soe verstoppt louch) an deem d'Schoul bis Februar 2000 ënnerbruecht war. De Service deen deemools haaptsächlech vu Profen benotzt gouf, gouf vun engem Bibliothécaire geleet, dee wéineg op war fir d'pädagogesch Entwécklung vun Sproocheléieren an de neie Besoinen vun de Studenten.

Den Ëmstand dass d'Zuel an d'Variétéit vun de Sproochecourse bestänneg zougeholl hunn an dass d'Besoinen vun de Studenten an ëmmer méi verschidde Richtungen gaang sinn, huet d'Profen an d'Direktioun dervun iwwerzeegt, dass déi al Bibliothéik ausge-

déngt hätt: et huet missen eng Neierung kommen. Den neie Ressourcen-Center sollt méi lieweg, flott an einfach ze bedénge sinn. D'Material sollt zougänglech si fir d'Studenten a fir d'Profen an déi Studenten déi e puer Coursë verpasst haten, sollten hei erëm den Uschloss fannen oder einfach kënnen Widderhuelungsübungen maachen.

Fir dës Objektiv ze erreechen, ass déi nei Mediathéik méi zentral installéiert ginn, an engem groussen Sall um éischte Stack. D'Pläng vun der Reorganisatioun si vun enger Equipe vun Enseignanten ausgeschafft ginn, déi virdrun eng Analyse gemaach hate vun de Besoinen vun de Studenten an dem sozio-kulturelle Kontext. Donieft gouf och nach e Computerssall mat spezieller Software fir d'Sproocheléieren installéiert.

D'Material ass frësch klasséiert ginn no deene véier Sproochekompetenzen, no deene verschidde Examen an de verschidde

Praktescht Beispill

Léierbicher. All eenzel Stéck krut e Faarwe-Code deen dem Student säin Niveau ugewisen huet (Ufänger, Mëttelstuf, Avancéiert). E Grupp vun Enseignanten huet Blieder ausgeschafft déi et de Studente sollt méiglech maachen a bestëmmte Sproochendomainer selbstänneg ze schaffen. Gläichzäiteg goufe Coursen ugebueden déi d'selbstänneg Léieren sollten encouragéieren, mat enger Sessioun pro Woch am neie Ressourcen-Center.

Trotz allem huet de ganze System dem Student et sou gutt wéi net erlaabt autonom ze sinn. Et war keng Zäit drop verwennt ginn, déi pädagogesch Philosophie, déi sech hannernt deem neie Service verstoppt, ze definéieren. Sou ass keng Dynamik entstan an déi meescht Enseignanten hu déi nei Zort Course fale gelooss, fir erëm an déi traditionell Klass zeréckzuegoen. D'Mediathéik hunn se der Initiativ vun de Studenten iwwerlooss. Och de Katalog sollt sech net bewähren, well en de Besoine vun de Studenten net ugepasst war.

An der Tëschenzäit sinn awer e puer positiv Changementer agebracht:

- *Et ass e Computerprogramm ugeschafft gi fir d'Gestioun vun de Léierressourcen*
- *Et ass neit Multimedia Material kaf ginn*
- *Et sinn 3 Computere mat Internetzugang installéiert ginn*
- *Et hu sech ëmmer méi Studente fir dese Raum interesséiert*

Wat awer schlussendlech déi grouss Transformatioun mat sech bruecht huet, ass de Fait dass de CLL am Joer 2000 an en neit,

gréissert Gebai geplënnert ass. E Grupp vun Enseignanten aus allen Departementer huet sech zesummedoe fir iwwer d'pädagogesch Konzept vun der Organisatioun nozedenken. Si sollten och deen neie Bibliothécaire a senger Gestioun ënnerstëtzen.

An den neie Raimlechkeeten huet den SRC eng zentral Positioun (Rez-de-Chaussée, direkt vis-à-vis vun der Entrée) déi d'strategesch Roll vun engem multimedialen Ressourcen Center fir heiteg Studenten ënnersträicht. Well de CLL sech d'Autonomie vun Student als Zil gesat hat, ass d'Mediathéik besonnesch benutzerfrëndlech strukturéiert ginn:

- *D'Studente komme ganz einfach u sämtlech Material erun*
- *Vis-à-vis vun der Entrée weist e grouse Panneau drop hi wéi eng Kategorie vu Material duerch wéi e Symbol an de Regaler gekennzeechent ass*
- *Déi eenzel Andeelungen (Héierverstoen, Video, Liesecker, ...) sinn duerch kloer Zeechen ugewisen*
- *Et goufe speziell Aféierungsvisite fir Studente gemaach an um Informatiounscomptoir fënnt een Aarbechtsbieder déi engem duerch spezifesch Übungen hëllefen, d'Material erëmfannen an d'Reglementer vun der Mediathéik ze verstoen*
- *Den Center gëtt géréiert vun engem Haaptresponsabelen, engem pädagogesche Responsabelen an engem Assistent an der Administratioun*
- *E Katalog ass geschwënn iwwer Internet zougänglech.*

E Rot

- ➔ Wann der Är Ressource musst elektronesch géint de Vol schützen, denkt iwwer den Emplacement vun de néidegen Apparater no a plangt sämtlech Ausgang an Noutausgang oder aner Sécherheetsvirschrëfte mat an.

Miwwelen an Équipementer

Miwwelen

- Wat fir Miwwele gi gebraucht fir de Benotzer d'Servicer an d'Ressourcen nozebréngen: Dëscher, Büren, Still, Gesteller, Mantelbieder, Casen?
- Hutt Dir beduecht wéi d'Miwwele sech an dat ganzt afügen: d.h. d'Form, d'Opstellen, d'Héicht, d'Passagen, d'Belichtung, d'Heizung, d'Ventilatioun, d'Faarwen?

E Rot

- ➔ Bei de Miwwele spillt haaptsächlech d'Flexibilitéit eng Roll – dräieckeg Dëscher kann een zu all Form kombinéieren an zesummestellen.

Équipementer

- Wéi eng vun dësen Équipementer brauch Dir an ärem SRC fir de Benotzer en effiziente Service ze bidden an déi meescht Ressourcen zougänglech ze maachen?
 - Computeren
 - Printer
 - Scanneren
 - Satellitten- oder Kabelschloss fir d'Télee
 - Plaze fir Héierübungen
 - Kassetten- oder CD-Player
 - Schiermer (Video an DVD)
 - Kopfhörer
 - E Raum fir opzehuelen (wa méiglech Tounstudio)
 - Sproochelabo
 - Photokopiesmaschinn
 - Eng Maschinn déi e puer Kasette matenee kopéiere kann
 - Eng Maschinn fir Dokumenter a Plastik anzeschweessen
 - Eng Pabeierschneidmaschinn
 - Eng Maschinn fir Dokumenter ze bannen
 - E Weenchen
 - En Etiketprinter
 - Stempelen

(NB: dës Lëscht muss regelméisseg vervollstännegt gi wann d'Technologie evoluéiert)

- Hutt Dir déi néideg Instruktiounen opgesat an deen néidegen Training duerchgefouert fir de Staff an d'Benotzer mam Équipement vertraut ze maachen
- Kann een den Équipement un d'Gréisst vum Benotzer upassen, z. B. verstellbar Still bei de Computeren?
- Hutt Dir valabel Fournisseure fir d'Équipement fonnt a schafft Dir collaborativ mat hinnen zesummen?
- Denkt beim Équipement net nëmmen un den Uschafungspräis, mä och un d'Installatioun, an den Ënnerhalt: Botzen, Upgrade, méiglech Reparaturen

Rotschléi

- Et ass derwäert bei verschiddene Fournisseuren en Devis unzufroen, wann een eng grouss an deier Ausstattung an d'A faasst.
- Sëchert Är Kopfhörer gutt of: si verschwanne liicht!
- Besser ee Computer wéi guer keen. Denkt drun, et ginn Entrepen déi hir „al“ Hardware gär ofsetzen.
- Wa bei all Apparat eng kleng Uleedung ass, gëtt vill Zäit gespuert.

Panneauen an Affichage

- Wat ass d'Hauptinformatioun déi de Benotzer brauch (bannen a baussen): d'Öffnungszäiten, d'Servicer déi ugebuede ginn, d'Oriëntatioun?
- Hunn är Affichen en eegene Stil deen ee liicht erkennt?
- Sinn se frëndlech a kloer?
- Si se der Situatioun nach ugepasst? Gi se regelméisseg gewiesselt?
- Hutt der e Faarwecode pro Sprooch/Cours/Niveau/Thema?
- Sinn d'Faarwen an d'Printerpolice gutt gewielt (z.B. Faarwe bei deenen och faarweblann Leit net duerchernee geroden; sans serif Policen oder Symboler fir Dislexiker)?

Rotschléi

- D'Horairé vun engem SRC änneren dacks. D'Studente vun der Universitéit vun A Coruña am Fach Industriellen Design hunn e flotten, hëlzenen Tableau entworf mat Bléck déi sech einfach erop- an erofsetze loossen. D'Symboler déi déi verschidde Klassen duerstelle sinn op Plastiksetiketten kopéiert ginn déi dann op d'Bléck fixéiert goufen. Eng Uleedung fir esou en Tableau ze maachen, fannt Dir op der Websäit vun der APIGA (www.apiga.org).
- Pecht Är Wänn net zou mat Notizen déi eventuell net geliest ginn!

Accès an Atmosphère

Accessibilitéit

- Hutt Dir lech berode gelooss fir ze wëssen ob d'Ariichtung/d'Miwwelen/d'Équipement handicapéiertege-recht sinn?

(Kuckt och ënner Accès am Kapitel iwwer d'Benotzer)

Atmosphère

- Hutt Dir déi beschtméiglech Beliichtung a Ventilatioun?
 - Kann ee gréng Planzen erstellen oder gëtt et en Accès zu engem Balcon?


Weider Ariichtunge fir d'Benotzer

- Gëtt et nobäi Gedrénsapparater? Gëtt et eng Plaz fir dem Benotzer seng perséinlech Saachen (Mantel, Posch, Prabbeli)/d'Méiglechkeet e Laptop ze gebrauchen?

Promotioun an Ausbau vun de Raimlechkeeten

- Sinn d'Raimlechkeeten an d'Servicer déi Dir ubitt bei alle potentielle Benotzer bekannt?
- Hutt Dir beim Plange vun engem neien Center un e spéideren Ausbau geduecht?
- Wann Dir an engem Center schafft dee scho besteet, hutt der lech scho Gedanke gemaach wéi der e kéint ausbaue fir nei Benotzer unzezéien oder nei Servicer unzebidden
 - Brauch Dir nei Plaz oder eng besser Andeelung vun deem dat besteet?

Interessant Adressen

-  Profiler vu Sproochencentren am *CERCLES* Bulletin:
www.cercles.org
-  *Informations- a Kommunikatiounstechnologie fir Sproocheproffen*
ICT4LT Module 3.1 'Managing a multimedia language centre'
www.ict4lt.org/en/en_mod3-1.htm
Weider Hiwäiser op dem SRC Portal, ënner dem Kapitel 'Supplementary resources':
www.lrcnet.org

Bibliographie

- Abuja, G, 'Access and resource centres' pp 70–76 in ZSE workshop report No. 45 on *Sprachen-Ressourcencentren in Europa* (Graz: Centrum für Schülientwicklung, 2001) available for download online (www.sprachen.ac.at/downloads: section 'Autonomes Lernen und Ressourcencentren')
- Albero, B, 'Les centres de ressources langues: interfaces entre matérialité et virtualité' in *Etudes de Linguistique Appliquée*, 112: 469–482 (1998)
- Benson, P, and Voller, P, editors, *Autonomy and independence in language learning* (Longman, 1997)
- Bosch, M, *Autonomia i aprenentatge de llengües* (Editorial Grao', 1996)
- CERCLES (colloquium papers) *Language Centres: Planning for the New Millenium* (CERCLES, 1997)
- CRAPEL *Mélanges CRAPEL*, 22 (1995) Spécial: Centres de Ressources
- Dam, L, *Learner autonomy 3: From theory to classroom practice* (Authentik, 1995)
- Esch, E, editor, *Self-access and the adult language learner* (CILT, 1994)
- Fernández-Toro, M, *Training learners for self-instruction* (CILT, 1999)
- Gardner, D, and Lindsay, M, *Establishing self-access: from theory to practice* (Cambridge University Press, 1999)
- Grigoriadi-Svensson, M, 'La mise en place d'un centre de ressources: considérations logistiques et pédagogiques' in *Les Langues Modernes*, 3: 31–37 (2000)
- Holec, H, *Autonomy and foreign language learning* (Pergamon Press, 1980)
- Ingram, D, *Language centres; their roles, functions and management* (Amsterdam: John Benjamins, 2001)
- Kenning, M-M. 'Creating an infrastructure for autonomous learning: the resource catalogue' in *System*, Vol 24, 2: 223–231 (1996)
- Little, D, editor, *Self-access systems for language learning* (Authentik/CILT, 1989)
- McCall, J, *Self-access: setting up a centre* (Manchester: British Council, 1992)
- McDevitt, B. 'Learner autonomy and the need for learner training' in *Language Learning Journal*, 16: 34–39 (1997)
- Mozzon-McPherson, M, and Vismans, R, *Beyond language teaching towards language advising* (CILT, 2001)
- Pemberton, R et al, editors, *Taking control: autonomy in language learning* (Hong Kong University Press, 1996)
- Poteaux, N, 'Conception et fonctionnement des Centres de Ressources de Langues à l'université de Strasbourg: reconcilier avec l'apprentissage des langues' pp25–37 in ZSE workshop report No. 45 on *Sprachen-Ressourcencentren in Europa* (Graz: Centrum für Schülientwicklung, 2001) available for download online (www.sprachen.ac.at/downloads: section 'Autonomes Lernen und Ressourcencentren')
- Poteaux, N, and Ginet, A, *Language resource centres: shifting from the teacher's perspective to the learner's perspective* (Graz: report on European Centre for Modern Languages workshop, 5/99) available online (www.ecml.at/documents/reports/WS199905E.pdf)

Riley P, see 'Notes on the design of self-access systems' in CRAPEL (op cit)

Scheffel-Dunand, D, 'Médiathèque virtuelle au service de l'enseignement et de la recherche' in *Etudes de Linguistique Appliquée*, 112: 495–504 (1998)

Sheerin, S, 'Self-access: State of the art article' in *Language Teaching*, 24(3)–143–157 (1991)

Yeung, L, and Hyland, F, 'Bridging the gap: utilising self-access learning as a course component' in *RELC Journal*, Vol 30, 1: 158–174 (1999)

Mataarbechter

Koordinator vum Projet




UK – CILT: de **Centre for Information on Language Teaching and Research** huet als Missioun d'Englesch als Friemsprooch an alle Phasen a Secteure vun der Educatioun an der Ausbildung ze promovéieren. Et ass den Zentrum vun engem nationale Netz vu Ressourcen-Centren an de Koordinator vu Lingu@net Europa, dem virtuelle Sprooche-Ressourcen-Center op dem Internet.

www.cilt.org.uk
www.linguanet-europa.org

Mataarbechter: *Lid King; Philippa Wright; Michael Hammond; Imke Djouadj; Kita Jiwani*

Haaptpartner



ECML: de **European Centre for Modern Languages of the Council of Europe** mat Sëtz an Éisträich promovéiert d'Innovatioun um Gebitt vum Sproocheléieren a vum Sproochenunterricht. Säin Zil ass et de beschte Gebrauch ze maache vu Beispiller vu gudde Praktiken, den Dialog an den Austausch tëschent Experten aus ganz Europa ze promovéieren a Rechercheprojeten an engem 4-Jores-Programm ze ënnerstëtzen. All d'Ressourcen stinn zur Verfügung op senger Websäit:

www.ecml.at

Mataarbechter: *Josef Huber; Catherine Seewald*



ES – CRLE: de **Centre de Recursos de Llengües Estrangeres (de Ressourcen-Center fir Friemsproochen)** huet als Zil de Friemsproochenunterricht an d'Friemsproocheléieren ze verbessern an innovativ Praktiken ze promovéieren am Zesammenhang mam katalouneschen Educatiounssektor. En ass ënnerbruecht am Katalouneschen Educatiounsministère a steet den Enseignante vu Friemsproochen zur Verfügung souwéi dem Netz vun Enseignantscenteren a Katalounien.

www.xtec.es/crle

Mataarbechter: *Dolors Solé; Natalia Maldonado; Francesca Vidal*

Publikationspartner



GR – KE: **Kastaniotis Editions** goufen 1968 gegrënnt. De Katalog vu KE huet haut iwwer 3000 Titelen a während méi wéi zéng Joer war et deen Éditeur mat der gréisster Zuel vun neien Titelen pro Joer a Griicheland.

www.kastaniotis.com

Zoobidon+Communications huet mat KE zesammengeschafft fir den Design an den Opbau vum SRC Portal.

www.zoobidon.com

Mataarbechter: *Maria Kantirou; Dimitris Kalabalikis; Areti Vassiloglou; Panos Zevgolis; Michalis Loukianos; George Agathos*

Netzpartner



AT – ÖSPK: Österreichisches Sprachen-Kompetenz-Zentrum (den Éisträichesche Sprooche-Kompetenz-Center) ass en Center fir Innovatiounen am Sproochenunterricht an am Sproocheléieren a seng Haaptaktivitéit besteet an der internationaler Kooperatioun, a Rechercheprojeten am Domaine vun der Innovatioun am Sproochenunterricht, am Opbau vun engem Netz an der Verbreedung vun de Projetsresultater a ganz Éisträich.

www.sprachen.ac.at

Mataarbechter: *Gunther Abuja; Anita Keiper*



BG – ECET: de **European Centre for Education and Training (Evropejski centar za obuchenie i kvalifikacija)** huet als Aufgab d'Sproocheléieren ze promovéieren, nei Sproocheformatiounsprogrammer an nei Unterrichtsmethoden ze entwéckelen déi den internationalen Standarden entsprechen. En ass déi gréisste bulgareschen Ubidder vu ausserschoulesche Formatiounen an den Zentrum vun engem nationale Netz vun Europäesche Schoule fir Sproochen a Management.

www.europeschools.net

Mataarbechter: *Boian Savtchev; Pepa Docheva; Velin Tourmakov*



CZ – CU: d'Univerzita Karlova, Ústav jazykové a odborné přípravy (Karlsuniversitéit, Institut fir Sproochen a Formationsspezialist) ass e wëssenschaftlech Institut dat sech spezialiséiert huet am Unterrecht vum Tschechesche fir Ausländer an dat esouwuel Tscheche wéi och Ausländer op d'Universitätsstudium preparéiert.

www.ujop.cuni.cz

Mataarbechter: *Zdenka Pražáková*



ES – APIGA: d'Associatioun vun den Engleschproffe vu Galizien ass eng fräiwëlleg Organisatioun déi verantwortlech ass fir d'berufflech Entwécklung vun neien oder erfahrenen Engleschproffen, ob se mat Kanner oder op Universitätsniveau, ob se a staatleche Schoulen oder a privaten Instituter schaffen. Si organiséiert eng Konferenz pro Joer an eng Rei vu kuerzen, intensive Coursen; doniewent géréiert si en SRC, publizéiert eng Zeitung an och aner Material, bedeelegt sech un europäesche Projeten an déngt och als Grupp deen d'Interesse vu senge Membere verdeedegt.

www.apiga.org

Mataarbechter: *María José Brey; Luis Murado; Xosé Calvo; Anita Demitroff*



SE – CFIE: de Centro de Formación del Profesorado e Innovación Educativa (Center fir Formation vum den Enseignanten a fir Innovation am Unterrecht) huet als Aufgab den Enseignantë Formation unzibidden an d'Innovation ze ënnerstëtzen an der Géigend vu Guardo a Saldaña (Palencia). En ass an en Netz vun 32 Centren agebonnen.

<http://centros5.pntic.mec.es/cpr.de.guardo>

Mataarbechter: *María Luz Martínez Seijo*



FI – NBE: de National Board of Education (Opetushallitus/Utbildningsstyrelsen) bitt Entwécklungs-, Evaluatiouns- an Informatiounsservicer u wat d'Formation vun de Schouldirekteren, den Enseignanten, den Décideuren an der Aarbechtswelt ugeet. Déi dräi Haaptspécialitéite sinn Entwécklung, Evaluatioun a Support.

www.oph.fi/english


Mataarbechter: *Kalevi Pohjala; Anneli Tella; Birkitta Leppänen*



GR – ILSP: den Institute for Language and Speech Processing (Ινστιτούτο Επεξεργασίας του Λόγου, IEA) huet als Zil d'Entwécklung vun der Sprochentechnologie a Griicheland ze ënnerstëtzen. E mécht Recherchen am Domaine vun der theoretischer, der ugewannter an der statistescher Linguistik, dem Sprocheléiere per Computer, der synthetischer Sproocherkennung.

www.ilsp.gr

Mataarbechter: *Anna Vacalopoulou*



HU – PTMIK: Pedagógus-továbbképzési Módszertani és Információs Központ (Methodologie an Informatiounscenter fir Formation fir Enseignanten) ass en Center fir staatlech finanziert Formation Continue. En iwwerhëlt och d'Koordinatioun vu groussen nationale Projete wéi d'Afëierung vu Qualitätsmodeller; e verstärkt d'Education vun der Rumänescher Bevëlkerung, entwéckelt an disseminéiert alternativ Pädagogik. Dem PTMIK säin Departement fir Modern Sprooche bedreift en SRC an ass verantwortlech fir d'Formation vun de Formateuren.

www.ptmik.hu

Mataarbechter: *Agnes de Jonge; Erzsébet Csibi*



IS – UoIS: Tungumálamiðstöð Háskóla Íslands (de Sproochencenter vun der Universiteit vun Island) ass e Service fir d'Studenten an d'Personal dat seng Sproochekompetenzen erweidere wëllt. Den Center bitt d'Méiglechkeet d'Sprooche selbstänneg ze léieren. E promovéiert déi lescht Entwécklungen am Sproocheléieren an am Sproochenunterrecht.

www.hi.is/stofn/tungumala

Mataarbechter: *Eyjólfur Már Sigurðsson; Peter Weiss; Erlendína Kristjánsson*



LU – CLL: de Centre de Langues Luxembourg ass eng staatlech Institutioun fir d'Sproocheléieren fir Erwuessener. D'Studente kommen aus deenen ënnerschiddlechste Länner a Kulturen. De CLL ass offiziellen Center fir Examen an der Lëtzebuurger Sprooch a Member vun ALTE.

www.cll.lu

Mataarbechter: *Annalisa Rana; Guy Bentner; Marc Belche; Ines Quaring; Béatrice Zahlen*



Malta – UOM: d'Universiteit vu Malta (L-Universita' ta' Malta) ass eng staatlech Universiteit op der Insel Malta am Mëttelmier, mat 10 Fakultéiten an enger Rei vu Recherche-Instituter. Seng Aufgab ass et op national Besoinen anzegoen.

www.um.edu.mt

Mataarbechter: *Charles Mifsud*



NL – CINOP: Centrum voor Innovatie van Opleidingen (Center fir Innovatioun an der Formatioun). Dem Cinop huet d'Aufgab Enseignanten an Organisatioune bei der Entwécklung vun innovativen Iddien z'ënnerstëtzen. Säin Haaptzil läit dodra fir en theoretische Konzept an de praktesche Klassenunterricht an an d'Sproocheprogrammer z'integréieren.

www.cinop.nl

www.trefpunttalen.nl

Mataarbechter: *Polly Perkins; Anja van Kleef*



SI – CDIUM: den Center za dopisno izobraževanje – UNIVERZUM (Center fir Fernstudium). Ass eng Organisation déi sech mat Educatioun ofgëtt. D'Studente sinn Erwuessener, déi meescht vun hinnen hunn eng Vollzäitarbecht a maache Formation Continue.

www.cdi-univerzum.si

Mataarbechter: *Irena Škulj*

Verantwortlech fir d'Evaluatioun vum SRC-Projet

Intern formativ Evaluatioun: *Laura Rundle*, Centre for Information on Language Teaching and research (CILT)

Extern Evaluatioun: *Joan Nordlund*, Universität vun Helsinki

An Europa ass de Public ëmmer méi drun interesséiert, friem Sproochen ze léieren, fir perséinlech Entwécklung, Mobilitéit an géigesäitegt Verstéedemech ze favoriséieren. Als Reactioun op dëst Wuesstum vun der Demande an alle gesellschaftleche Secteuren, ass eng bedeutend Expansioun vun der Offer vun Sprooch- Ressourcen-Centeren agefouert. Dës Centeren si verschidden an hirem Context an hirem Zilpublikum, mee si déelen en Engagement fir de Wäert vun de Sproochen an de Studenten ze erméiglechen d' Responsabilitéit fir hiert Léieren ze iwwerhuelen.

Den SRC Projet – vun dem dësse Guide de Produit ass – huet e multinationale Grupp vu Leit zesummebruecht, déi Erfahrung an der Gestioum vum all Zort vum Centeren hunn. Duerch Diskussion an eng detailléiert Analyse vun hirer Praxis hunn si dës ganz praktescht Instrument ervirbruecht, dat an all Context ka benotzt ginn. Et ass esouwuel eng Reflectioun iwwer d'Praxis wéi e Guide fir d'Zukunft, wat net nëmmen erfahre Fachleit, mee och Laien interesséiere misst.

Lid King, Director
Centre for Information on Language Teaching and Research (CILT)



Improving support for language learning through
Language Resource Centres



Dësse Projet gouf mat der Ënnerstëtzung vun
der Europäescher Unioun am Kader vum
Sokrates-Programm duerchgefouert.